

	<b>64<sup>e</sup> séance</b>	<b>Présidence</b>
	Jeudi 11 juillet 2002	<b>M. Jean Spautz</b> , Président <b>M. Jean Asselborn</b> , Vice-Président

**Ordre du jour**

1. Communication
2. Projet de loi 4899 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'Etat sur le site de Belval-Ouest (*Rapport de la Commission des Travaux publics – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Amendements – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel – Motions*)
3. Dépôt de deux motions
4. Projet de loi 4753 portant création du Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe (*Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre.

**(Début de la séance publique à 14.30 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Kommunikatioun ze maachen?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall.

**1. Communication**

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioun maachen.

Op Ufro vum Transportminister huet de Ministre aux Relations avec le Parlement haut de Moien de Projet de règlement grand-ducal 4993, eng Direktiv iwwert d'Gefierer an hir Remorquen déposiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4899 iwwert de Site vun Esch-Belval.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt.

Et si schonn ageschriwwen: den Här Strotz, d'Mme Mutsch, déi Häre Schroell, Jaerling, Garcia an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Fred Sunnen.

**2. Projet de loi 4899 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'Etat sur le site de Belval-Ouest**

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

**M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt uganks vu menger Interventioun de Kader ofstiechen, an dee sech de Projet de loi 4899 integréiert.

De Koalitiounsaccord vum August 1999 considéiert d'Rekonversioun vun de Frichen am Süde vun eise Land als eng vun de Prioritéiten an der Raumuerdnungspolitik. D'Regierung huet erkannt, datt sech hei fir de Süden eng eemoleg Chance bitt. D'Surface vu 650 ha, déi fir eng Rekonversioun a Fro kënnt, eng virdeelhaft Lokalisatioun vun de Broochen an engem dicht bewunnten Ëmfeld, kënnt eng nei Ära an der territorialer Organisatioun vu Lëtzebuerg alauden.

Eng Chance fir den Image de marque vun eise Land och dobause bei eisen direkten Noperen ze promovéieren. Eng Chance fir d'Liewensqualitéit vun de Leit ze verbessern, a last but not least, fir nei Créneauen an der Economie an eise Land ze schafen, dëst an enger Regioun, wou nach virun 30 Joer d'Schmelze mat hire Vir- an Nodeeler dominéiert hunn.

De Projet, d'Industriebroochen ze revaloriséieren, geet op d'Joer 1996 zrëck. D'Regierung huet deemools, zesumme mat der ARBED, decidéiert eng Sociéitéit an d'Liewen ze ruffen, déi chargéiert ginn, ass eng Etüd iwwert d'Siten auszuschaffen. Am Joer 1997 ass d'Etüd Agiplan virgeluegt ginn, déi véier prioritär Siten zrëckbehalen huet.

Den däitsche Grupp Blase-Böll ass doropshi beoptraagt ginn, e Masterplang fir Belval-Ouest auszuschaffen. Am Mee 2000 huet den Innenminister en éischte Rapport an der Chamber presentéiert. De Site vu Belval ass als Prioritéit des priorités festgehalen ginn. Doriwwer eraus sinn als Haaptkonklusiounen am Rapport verschidde wichteg Leitlinien definéiert ginn. Dorënner falen ënner anerem:

- d'Prise en compte vun allen existéierende Frichen, mat de Surfacen, déi iwwer eis Grenzen erausreechen;
- d'Sondéierung vun allen Notzungsméiglechkeeten, déi sech fir dës betraffe Surfacë bidden. Dat heescht, Logement, Commerce, Schoul, Héichschoul- a Fuer-schungswiesen, Dénsgschtleeschungen, Loisir a Kultur;

- d'Bedelegung vun alle konzernéierten Acteuren,
- d'Ëmsetzung vun der Dezentraliséierungspolitik vun der Regierung
- an d'Elaboratioun vun enger genauer Bestandsopnam mat konkrete Propositionen à long terme, zum Beispill de Plan régional Sud, à moyen terme, d'Ëmsetzung vun der Etüd Agiplan, an à court terme déi véier prioritär Siten, Belval, Lentille Terre-Rouge, d'Crassiere vun Éile-reng a Rodange.

Dat sinn, Här President, déi grouss Linne vun enger Politik, déi d'Regierung fir d'Revalorisatioun vum Süden ëmsetze wëllt.

An engem zweete Rapport vum Innenminister geet et méi geziilt ëm de Site vun Esch-Belval. D'Aarbechten, déi fir d'Rekonverssioun vun de Fichen noutwendeg sinn, an den ambitiöse Projet vun der Cité des Sciences, sinn duerch dräi Démarchë konkretiséiert ginn:

Eng extern Evaluatioun vum Masterplang duerch d'AGORA an d'Gemengen;

d'Präzisierung vum Projet vun der Cité des Sciences;

d'Ausschaffe vun engem kohärente Verkëierskonzept an der Friche Esch-Belval.

De Regierungsrat huet de 5. Juli 2001 d'Realisierung vun der Cité des Sciences a senger Integralitéit an nom Programm, deem der Regierung virulouch, confirméiert.

Här President, et ass den hollänneschen Architektbüro Jo Coenen, deem als Gewënner vum Concours fir den Aménagement vun den Industriebroochen op Esch-Belval ervirgaangen ass. Den Architekt, vum Joergank 1949, huet eng etlech international Concoursë gewonnen an erfreet sech enger grousser Renommée iwwert déi hollännesch Grenzen eraus. Hien huet Professuren op den Universitëten vun Oochen, Karlsruhe, Lausanne an Delft besat, an als eent vu senger remarquabelste Wierker sief den Institut néerlandais de l'Architecture de Rotterdam ervirgehuewen.

De Projet vum Jo Coenen ass en avantgardistesche Projet an e brécht zum Deel mat traditionell urbanistesche Konzeptionen. Sāi Projet awer huet déi gesate Kritären am beschten erfëllt, déi sech virun allem fokaliséieren op

eng Compatibilitéit mat de kommunalen Aménagementspläng,

en effikasse Rattachement un den öffentlechen Transport, d'Remise en valeur an d'Integratioun vun den Industriedenkmäler, déi typesch si fir de Süde vum Land, an

eng räsounabel Andeelung vun de Bauphasen, déi déi global Ausrichtung vum Plan directeur net kompromettéieren.

De Projet respektéiert d'Topographie vum Site an dat, wat als Substanz um Site nach besteet. Den Architekt

ass beméit, d'Identitéit vum Site a vun enger ganzer Region ze respektéieren. Dat sinn déi Aspekter, déi der Jury am beschte gefallen hunn an déi den Ausschlag ginn hunn, fir dëse Projet zréckzebehalen.

Här President, et ass kloer, datt d'Cité des Sciences e Projet-phare op Esch-Belval ass. Mat dësem Projet gëtt eng Politik fortgefouert, déi drop hinziilt, de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg ze konsolidéieren. Ech wëllt an dësem Kontext aus dem Rapport vun der Finanzkommission iwwert d'Budgetgesetz fir den Exercice 2002 zitieren:

"Le Gouvernement vise la consolidation et le déploiement de l'important dispositif de recherche et de développement technologique, créé au niveau national depuis la mise en vigueur de la loi du 9 mars 1987 ayant pour objet la recherche et le développement. L'action politique se focalise ainsi sur plusieurs axes prioritaires, dont notamment:

- la mise en place d'une structure d'encadrement permettant d'organiser l'amplification des activités de la recherche et de développement public sur le plan national;
- la promotion d'une intégration renforcée des acteurs luxembourgeois de la recherche dans les réseaux de coopération scientifique communautaires et internationaux."

Et besteet also ouni Zweifel de Wëllen, eng fruchtbar Synergie tëschent dem Lëtzebuerger Héichschoulwiesen an der Recherche ze schafen. Eist Land positionéiert sech op der akademescher Landkaart vun Europa a kann doduerch u Kompetitivitéit am Secteur "Recherche an Héichschoul" nëmme Profit zéien. Vill Hoffnungen ginn an d'Entwécklung vun der sou genannter "new economy" an den neie Kommunikatiounsmedië geluegt. D'Cité des Sciences bitt doriwwer eraus e Kader fir Start up-Entreprises, déi a Fuerschungsprojeten hiren Ufank hunn, fir sech duerno an de Maisons-relai selbstänneg ze maachen.

Et gëtt aus dëse Considérationen däitlech, datt hei déi verschidde Ressorte matenee verbonne sinn, déi all drëm beméit sinn, e Projet ze schafen, deem zum engen eiser Wirtschaft nei Créneauë bréngt an eng Recherchestruktur an d'Liewe rëfft, déi dëse Qualifikatiounen wierdeg ass.

Anerersäits geet en op nei innovativ Weeër an der Transport- a Logementspolitik. Fir Belval geet et en fin de compte ëm e Projet fédérateur, deem de Fortschrëtt, d'Dynamik, d'Innovatioun an de Wëlle symboliséiert an eppes Neits schafft, e Projet also, dee Modellcharakter huet, och fir déi aner Regionnen an eisem Land.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, firwat dësen ausféierlechen Exkurs? Ech wollt domat klormachen, dass d'Envergure vun de Projeten, déi op Esch-Belval ëmgesat solle ginn, enorm ass. Dofir brauche mer eng Struk-

tur, déi et der Regierung erlaabt, sech un der Rekonversion vum den Industriebroochen ze bedeelegen, dëst duerch d'Schafung vun engem Etablissement public, deen d'Missioun huet, all déi noutwendeg Bauten um Site auszuféieren, déi fir d'Exekutioun vum ambitiëse Programm, deen d'Regierung sech fir d'Frichen op Esch-Belval gesat huet, noutwendeg sinn. D'Missioun vum Etablissement public sinn op d'Planifikatioun, d'Konstruktioun an den Aménagement vum Ensembl beschränkt.

D'Gestioun gëtt aneren Organismen zougedeelt, déi nach ze konzipéieren sinn. An engem zweeten Aspekt geet et ëm d'Autorisatioun fir de Stat verschidde Gebai-  
lechte fir den Etablissement public ze kafen, fir datt dee seng Missiounen erfëlle kann. Ech wëll awer hei direkt soen, datt d'Kommissioun sech dem Statsrot ugeschloss huet, fir dëse Volet aus dem Gesetz ze sträichen.

De Projet de loi 4899 ass de 16. Januar 2002 vun der Bauteminiestesch, der Mme Erna Hennicot-Schoepges, deponéiert ginn. An enger gemeinsamer Sëtzung vun der Bautekommissioun a vun der Kommissioun vum Intérieur gouf de Rapporteur designéiert an d'Haaptelementer vum Projet sinn explizéiert ginn. Den Innenminister, den Här Michel Wolter, an d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, hunn dëser Réunioun bäigewunnt, fir op Froen ze äntweren.

Den Avis vum Statsrot ass de 16. Abrëll 2002 agaangen. De 14. Juni 2002 ass de Statsrot mat engem Amendement, deen an der Bautekommissioun vum 13. Juni 2002 ausgeschafft ginn ass, saiséiert ginn. Den Avis complémentaire vum Statsrot vum 2. Juli 2002 ass favorable ausgefall. De schréftleche Rapport ass an der Kommissiounssëtzung vum 4. Juli ugeholl ginn.

Déi héich Kierperschaft stellt fest, datt d'Missioun vum Etablissement public vaste a variéiert ass. An engem Zäitraum vu 15 Joer sollen d'Aarbechten an déi eenzel Etappe vun dësem ambitiëse Projet ofgeschloss sinn. D'Baukäschten eleng belafen sech op e Montant vun 1,20 Milliarden Euro.

Au vu vum Exposé des motifs vum Gesetzestext a vun den aganks gemaachten Erklärungen iwwert d'Envergure vum Projet op den Industriebroochen op Esch-Belval erkennt de Statsrot déi héich gesaten Ziler vum Projet un. Mä de Statsrot stellt sech awer eng Rei Froen a bemierkt, datt verschidden Etappen einfach iwwergaange goufen. Ech wëll mech op déi dräi Hauptpunkten am Avis vun der héijer Kierperschaft beschränken. Ech wäert herno nach op de *Commentaire des articles* zréckkommen.

De Statsrot hätt et léiwer gesinn, wa fir d'éischt e Projet iwwert d'Uni Lëtzebuerg ausgeschafft an deponéiert gi wier.

Doriwwer eraus stellt sech déi héich Kierperschaft Froen iwwert d'Affektatioun vun den aneren Terrainen, déi vun dësem Projet net beréiert ginn.

De Statsrot suggéiert d'Missioun vum Etablissement public der Administration des Bâtiments publics ze iwwerdroen. D'Schafung vun engem Etablissement public ass, laut dem Statsrot, net dee gëeegsten an eenzege Moyaen, fir déi vaste Missiounen ze erfëllen.

Wéi scho virdrun erwähnt, huet de Statsrot et fir besser fonnt, fir den zweete Volet vum Projet erauszehuelen an en hält drop, doriwwer en eegestänneg Gesetz auszeschaffen. Dat ëmsou méi, well déi proposéiert Dispositiounen am Gesetz net explizit an detailléiert ausgefouert sinn.

Dës Froen an Observatiounen sinn an dräi Réunionen analyséiert an diskutéiert ginn, dat en présence vu Vertreder aus de konzernéierte Ministären. Et waren dat d'Bautekommissioun vum 8. Mee 2002, déi gemeinsam Réunioun mat der Kommissioun vum Intérieur vum 5. Juni 2002 an d'Sëtzung vum 13. Juni 2002.

Zur éischter Observatioun vum Statsrot ass ze soen, datt d'Mme Erna Hennicot-Schoepges an der Kommissioun ugekënnegt huet, fir an den nächste Wochen d'Loi-cadre iwwert d'Universitéit Lëtzebuerg ze presentéieren. Déi grouss Orientatiounen vun dësem Projet hunn d'Zoustëmmung vun der Regierung scho kritt a sinn och schonn an der Héichschoulkommissioun virgestallt ginn.

Zum zweete Punkt ass ze bemierken, datt d'Rekonversion vun de Frichen op Esch-Belval e Projet-phare ass, deen eng Dynamik op aner Siten dévellopiert.

De Projet de loi, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, beschränkt sech exklusiv op Belval. Et ass an der Kommissioun majoritär festgehalen ginn, datt, wann d'Etüden iwwert déi aner Siten ofgeschloss sinn a wann de Stat envisagéiert, Investissementer op dëse Siten ze maachen, d'Missioun vum Etablissement fir Esch-Belval op aner Siten auszeweiten.

Compte tenu vun den Explikatiounen vum Innenminister ass d'Kommissioun an hirer Majoritéit zur Konklusioun komm, datt et verfréit ass, fir elo schonn op de Wee ze goen an de Gesetzestext op déi aner Siten auszudehnen.

De Statsrot hat doriwwer eraus proposéiert fir den Intitulé ze änneren an d'Cité des Sciences mat eranzehuelen. D'Kommissioun huet sech dëser Proposition net ugeschloss, well sech d'Equipement net nëmmen op d'Cité des Sciences beschränken.

Zum drëtten Punkt ass ze soen, datt d'Kommissioun et virgezunn huet, en Etablissement public ze schafen. Si dréit domadder der Suerg vun der Regierung Rechnung. D'Regierung stellt nämlech fest, dass d'Missiounen eng ze grouss Envergure hunn, fir datt se eleng vun engem Comité interministériel kéinte koordinéiert ginn. Datselwecht gëllt fir eng ausgeweitete Administration des Bâtiments publics. En Etablissement public mat engem Conseil d'administration, mat Memberen, déi entsprechend Kompetenzen matbréngen, ass besser gëeegent fir déi ambitiëse Missiounen ze meeschten.

De Statsrot hat sech a sengem Avis formell géint den Text an den Artikele 16 a 17, respektiv d'Kapitel II vum Gesetzestext opposéiert, well deen Text net étofféiert genuch wär. Déi héich Kierperschaft huet fir dëse Volet d'Regierung opgefuerdert, en neit Gesetz virzeleeën. D'Kommissioun huet sech hei dem Statsrot ugeschloss.

Nach e Wuert zu de Memberen am Verwaltungsrot: De Statsrot an d'Bautekommissioun hu sech d'Fro gestallt, firwat déi delegéiert Verrieder aus de Gemengen nëmme consultatif Pouvoire sollen hunn an net mat enger Voix délibérative am Conseil vertraude wieren. D'Regierung war der Meenung, datt d'Missioun vum Etablissement public sech nëmmen op d'Realiséierung vun den Investitiounen vum Stat um Site zu Belval bezitt. Doriwwer eraus gëtt de Projet der Prozedur ënnerwerf, déi am Droit commun en matière d'aménagement communal festgeschriwwen sinn. D'Kommissioun iwwerhëlt duerfir d'Propositioun vun der Regierung, fir virun allem ze verhënnern, datt d'Gemengeverrieder zu gläicher Zäit Contrôleur a Contrôlé sinn.

Här President, ech wëllt nach e Wuert iwwert déi eenzel Artikele verléieren a virwechhuelen, datt déi zoustänneg Kommissioun de Remarken an Observatiounen vum Statsrot zu engem groussen Deel nokomm ass, aus de virdru beschriwwene Grënn. Esou ass d'Kommissioun beim Intitulé vun der Regierung bliwwen, och gëtt den Terme Equipement am Intitulé an am Artikel 1 iwwert d'Asetzung vum Etablissement public vun der Kommissioun zrëckbehalen. Ursprüngelech hat den Intitulé den Terme Fonds, deen am Text duerch Etablissement public ersat gëtt. Den Text gëtt deelweis e bësse gestutzt an aus den Artikelen 2 an 3 gëtt den Artikel 2, deen d'Missioun festleet. Den Artikel 4, dee festhält, dass d'Terraine fir d'Realisatioun vun de Missiounen fir de Fong vum Stat affectéiert ginn, gëtt op Propositioun vum Statsrot gestrach.

Déi al Artikele 5, iwwert d'Dépensé fir d'Missiounen, a 6, iwwert de Verwaltungsrot, gi reformuléiert. Fir den alen Artikel 7, d'Designatioun vun de Membere vum Verwaltungsrot, gëtt d'Formulatioun vum Statsrot iwwerholl. Am alen Artikel 8, iwwert d'Kompetenze vum Verwaltungsrot, gëtt de Paragraph 2 bäibehalen, dee virgesäit, datt de President vum Verwaltungsrot den Etablissement public an allen öffentleche wéi privaten Akte representéiert. Beim alen Artikel 9, iwwert de Büro, gëtt den Text vum Statsrot iwwerholl, ouni awer de Paragraph 3 vum Regierungstext ze sträichen, dee virgesäit, datt de Büro vum President vum Conseil d'administration presidéiert a vun engem Direkter assistéiert gëtt.

Bei den Artikelen 10, 11 an 12 ginn d'Modifikatiounen, esou wéi se vum Statsrot virgeschloe goufen, iwwerholl. Dës Artikele betreffen d'Equipementer an d'Installatiounen fir den Etablissement public, d'Personal an d'Konten. Am Artikel 13 huet de Statsrot sech géint d'Dispositioun ausgeschwat, fir den Etablissement public vun alle Gemenge-

steieren a Gemengentaxen ze befreien, mat der Begrënnung, datt déi concernéiert Gemenge sécherlech eng Rei vun extraen Dépensé maache mussen. D'Kommissioun ass mat op dee Wee gaangen, fir dës Dispositiounen aus dem Text ze sträichen.

Am alen Artikel 14 ass festgehalten, d'Opléisung vum Etablissement public nëmmen duerch e Gesetz ze vollzéien, wann e seng Aufgaben erfëllt huet. Den alen Artikel 15 hat fir den Etablissement public en éischte Kredit iwwert e Montant vu 50 Milliounen Euro virgesi fir d'Finanzéierung vun Dépensen, déi beispillsweis fir préliminaire Etüden, d'Preparatioun vum Terrain, d'Stabilisation vun den Héichiewen oder de Fonctionnement vum Etablissement public noutwendeg sinn. De Statsrot huet sech formell géint dës Dispositioun opposéiert, well se am Widdersproch zum Exposé des motifs vun der Gesetzvirlag steet, déi festhält, ech zitieren: "Pour chaque projet de construction le Gouvernement soumettra à la Chambre des Députés un projet de loi en exécution des dispositions de l'article 99 de la Constitution." Or, den Etablissement public brauch awer e gewësse Fong, fir unzekommen a fir den Aufgaben, déi sech aus den nofolgende Gesetzestexten erginn, op eng appropriéiert Aart a Weis nozekommen.

Dat gëllt och fir d'Personal, wat engagéiert muss ginn. D'Kommissioun huet decidéiert, eng Zomm vun 3,5 Milliounen Euro virzegesinn. De Montant vun 1,5 Milliounen, dee vum Statsrot virgeschloe gouf, ass an den A vun der Kommissioun net duergang.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu dëser Gesetzvirlag hunn d'Kollege vun der sozialistescher a vun der grënger Fraktioun sech d'Méi gemaach, Amendementer ze preparéieren. D'Kommissioun huet déi an der Réunioun vum 8. Mee 2002 gepréift an analyséiert an ass zum Schluss komm se net ze berücksichtegen aus deene Grënn, déi ech scho virdrun exposéiert hunn. Déi Grëng an d'LSAP hunn Amendementer gemaach, déi sech op d'Zesummesetzung vun de Membere vum Verwaltungsrot a vu sengem Büro bezéien. D'Sozialiste wollten doriwwer eraus d'Missioun vum Etablissement public op d'Sitë vun der Lentille Terre-Rouge, Éilereng a Rodange ausweiten.

Et ass an der Optik vun der Kommissioun nach ze fréi, fir dës Fuerderungen nozekommen, well d'Etüden nach net ofgeschloss sinn a well d'Regierung sech nach net konkret ausgedréckt huet wéi se d'Sitë wëllt reffectéieren. Duerfir wëllt ech heimat, Här President, eng Motioun iwwerreechen, déi déi Iddien iwwerhëlt an d'Regierung invitéiert, d'Missioun vum Etablissement public op aner Siten auszeweiten, wann déi entsprecheend Etüden a Pläng prett sinn. Si rëfft d'Regierung op, déi noutwendeg Comités d'orientation et de concertation ze encouragéieren, fir den Assainissement an d'Entwécklung weiderzedreiwen.



**Motion 1***La Chambre des Députés*

- *considérant que la reconversion des 650 hectares de friches industrielles constitue une chance unique pour le développement de la région Sud du pays;*
- *considérant que l'aménagement futur de ces friches permet d'accentuer la politique de décentralisation du Gouvernement sur le plan économique, administratif et culturel;*
- *consciente de la nécessité d'englober la totalité des friches existantes dans l'objectif d'un développement durable dans la région du Sud;*
- *considérant que leur surface se répartit sur 10 sites différents répertoriés et étudiés par l'étude AGIPLAN;*
- *considérant que cette étude préconisait qu'à côté du site de Belval-Ouest trois autres sites soient retenus comme prioritaires, à savoir Ehlerange, Lentille Terre-Rouge et Rodange, sites dont les études d'orientations futures et les plans d'assainissement ne sont pas encore terminés;*
- *considérant que l'attention du Gouvernement porte également sur les autres sites prioritaires d'aujourd'hui, à savoir le Crassier Terre-Rouge, Differdange et Mondrange;*
- *constatant que le présent projet de loi 4899 s'applique uniquement au site de Belval-Ouest;*
- *souhaitant que la mise en oeuvre du plan régional sud permettra de conjuguer l'aménagement de Belval-Ouest avec le développement et la valorisation de toute la région du Sud;*

*invite le Gouvernement*

- *à étendre les missions de l'établissement public pour la réalisation des équipements et investissements de l'Etat sur le site de Belval-Ouest aux autres sites prioritaires sus-mentionnés, à partir du moment où les études préalables et plans y relatifs sont achevés, et dans la mesure où des investissements publics sont prévus sur les sites en question;*
- *à encourager la création de comités d'orientation et de concertation par site afin d'accélérer l'assainissement, la planification et le développement des sites sus-mentionnés;*
- *à veiller à ce que la reconversion des friches puisse se faire dans le respect des structures régionales et locales existantes et en complémentarité avec le développement des agglomérations et des réseaux dans le Sud du pays.*

(s.) Fred Sunnen, Robert Garcia, Gusty Graas, Lydia Mutsch, Marco Schroell, Nicolas Strotz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war e längeren Exkurs. D'Begrënnung läit vläicht doranner, dass et sech bei der Reconversion vun de Frichen ëm en eenzegaartegen a gewaltege Projet dréint, wéi mer e bis elo nach net kann hunn. Et lung mer um Häerz d'Envergure duerch mäi mëndleche Rapport ze ënnermaueren. Ech hoffen Dir gesitt elo all e bësse méi kloer. Wann dëst net de Fall sollt sinn, da wëllt ech op de Projet selwer an op de schréffleche Rapport verweisen.

Zum Schluss wëllt ech de Kommissiounsmemberen, de Ministeren an alle Mataarbechter merci soe fir hir Aarbecht an hire Beitrag an dësem Projet. Ech maachen elo d'Riednerpult fräi fir de President vun der Bautekommission, den Néckel Strotz, a soe merci fir Är Opmierksamkeit.

**Une voix.** - Oh, oh.

**M. Marcel Glesener (CSV).** - Très bien.

**(Brouhaha général)**

**M. le Président.** - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn (LSAP).** - Här President, Dir braucht net méi ze fungéieren.

**(Hilarité)**

**M. le Président.** - Jo, et huet een deem aneren d'Wuert ginn. Et war gutt gemengt.

**Discussion générale**

**M. Nicolas Strotz (CSV).** - Alles leeft reibungslos vun engem op deem aneren iwwer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi weltwäit Ëmstrukturéierungsprozesser vun der Stolindustrie hunn am Süde vun eisem Land zu erhiefleche Verännerunge gefouert. Moderniséierung an Ëmstrukturéierung, Produktberengung a Produktstraffung am Kader vun internationalen Ofmaachungen an esou weider hunn derzou gefouert, dass mat Hëllef vun enger grousser nationaler Solidaritéit engersäits eis Stolindustrie konnt erhale bleiwen, anersäits sinn awer massiv Aarbechtsplazen ofgebaut ginn a Standuerter hu missten opgi ginn.

Duerch d'Fräisetze vun dëse Flächen, inklusiv deenen déi fir eventuell Erweiderunge fir d'Stolindustrie geduecht waren, steet elo der ganzer Südregioun als Suite vun dësem Upassungs- a Moderniséierungsprozess en aussergewöhnlecht Potenzial vu 650 ha ongenotzte Flächen zur Verfügung. Dat sinn déi, déi d'Arbed fir de Moment fräi ginn huet.

D'Wichtigkeet vun dëse Flächen am Kader vun enger Dezentraliséierungspolitik hat schonn déi viregt Regierung erkannt an huet eng Etüd erstelle gelooss iwwer eng Neiorientéierung vun de fréiere Stolstanduerter an

der Südregioun. Dës Regierung huet, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, et sech zum Zil gesat, fir d'Reconverssioun vun de Frichen als eng vun hire Prioritéiten ze maachen an ënnert der Leedung vum zoustännegen Minister vum Aménagement du territoire, dem Michel Wolter, ass mat System konsequent e Konzept erstallt ginn, wat net nëmme mat de betreffende Gemengen Esch a Suessem, mä mat alle Südgemengen a mat de Bierger diskutéiert ginn ass.

Deem Konzept leien als éischt Prioritéit d'Grondausrichtung vun engem Développement durable zu Gronn. Hu mer déi lescht Woch vill iwwer Développement durable geschwat ouni konkret Aussoen ze maache mat Ausnahm vun Aussoen iwwer de Stroossebau, déi jo awer keen Nidderschlag an der Majoritéitsmotioun fonnt hunn, esou wäert d'Regierung am Beräich vum Développement durable net nëmme, mä och um Beispill vun der Entwécklung vun de Frichen, gemooss ginn. Dëst ass e Prozess, dee jorelaang dauert, deen etappeweis realiséiert gëtt an deen elo mam Site Belval-Ouest mat sengen 127 ha a seng éischt Phas antrëtt.

Duerch d'Reconverssioun vun de Frichë wäert Esch an déi ganz Südregioun e gutt Stéck vun Zentralitéitsverloscht erëm wettmaachen. Den Opbau vu Forschungszentren am Kader vun der Cité des Sciences a gutt iwwerluegter Wirtschaftsförderung mat Schwéierpunkt op der New Economy, qualifizéiert Bildungs- a Weiterbildungsinfrastrukturen, eng gutt Ausstattung an de Beräicher ëmweltgerecht Liewen a Wunnen, Soziales, Kultur, Sport a Fräizäit, da leeschtungsfaeg Verkéiersinfrastrukture mat Schwéierpunkt op den öffentlechen Transport, deen net nëmme fir de Site selwer, mä bis an d'Grenzregioun a bis an den Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg an dorüwer eraus studéiert muss ginn, wäerte Viraussetzungen schaffen, dass dës Regioun sech nees am ënnerregionalen an am internationalen Ëmfeld besser positionéiere kann.

Fir d'Unzéiungskraaft vun der Regioun ëm d'Gemengen Esch a Suessem ze stäerken, duerf de Site Belval awer net als separat Unitéit ugesi ginn, mä muss sech integréieren an déi bestehend Strukture vun deenen zwou Gemengen. Feeler, wéi se uganks um Kierchbiereg geschitt sinn, duerfe sech hei net widderhuelen. Dës Regioun, déi vill zum Wuelstand vun eisem Land bäigedroen huet, wäert mat der Realisatioun vun dësem Projet en neien Opschwung erliewen. Si huet dat verdéngt. Ech ka just net d'Opregung verstoen, déi eis sozialistesche Frënn un den Dag geluegt haten, wéi et ëm d'Diskussioun vum Projet vun haut gaang ass. Si sollen dach frou sinn, wann elo d'Regierung mat un der Spëtzt de Minister vum Aménagement du territoire gewëllt ass, d'Reconverssioun vun de Frichë schnellstens an Ugrëff ze huelen.

De 5. Juni 2002 hu mer als Commission jointe vun den Travaux publics an dem Intérieur vun der Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges an dem Här Minister Wolter am Detail d'Objektiver, den état d'avancement vum

Dossier an de Programme général d'investissement vum Stat virgestallt kritt. All Investitiounen vum Stat elo am Detail opzezielen, si sinn iwwregens am Exposé des motifs vum Projet de loi opgelist, géif ze wäit féieren, virun allem, well jiddfereen, dee sech derfir interesséiert, zu jidder Zäit Asiicht an déi verschidden Dossierer an Etüde ka kréien.

Ech ernimmen awer kuerz d'Faculté des Sciences, den Enseignement supérieur, den Enseignement secondaire, de Centre sportif, den Internat public, de Parc Belval-Sud, 650 Wunnengen fir Studenten, staatlech Administratiounen, de Centre de musique, de Centre national fir industriell Kultur, wou d'Geschicht vun der Stolindustrie redresséiert gëtt a wou ech hoffen, dass niewent anerem e Pompjeesmusée ënner Daach kënnt a sou weider.

### (Hilarité)

Éischt Prioritéit kritt d'Salle de musique mat Rockhal, d'Stabilisatioun a Restauratioun vun den Héichiewen, déi dréngend noutwendeg ass, en éischt administratiiv Gebai, de Lycée technique Belval-Ouest, de Centre de recherche an de Centre de conférence.

Wat d'Héichiewen ugeet, sief rappeléiert, datt den 11. Dezember 1996 de Marcel Glesener an eisen éirewäerte President Jean Spautz eng Motioun hei déposéiert haten, fir d'Erhale vun den Héichiewen ze garantéieren, déi hei eestëmmeg vum héijen Haus ugeholl gi war.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Entschëllegt, dat war awer nëmme een Deel. Et gouf eng zweet Motioun mat engem zweeten Deel an déi war vu mir.

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Entschëllegt. Zur Vollständigkeit wëlle mer dann ernimmen, datt d'Motioun fir den zweeten Héichuewen ze erhale vum Här Garcia hei déposéiert gi war.

### (Brouhaha général)

Iwwer de fréiere Projet vun enger Rockhal, déi vum fréiere Jugendminister Alex Bodry als Wahlcadeau duerch d'Chamber geboxt gi war, ze schwätzen, mécht kee Sënn. De Projet war deemools net sprochräif, d'Fro vum Terrain war net geléist, e Konzept war net erstallt an e konnt duerfir net gebaut ginn.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir hätt et net dierfte stëmmen.

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Ze bemerken ass, an de Rapporteur huet et scho gesot, dass fir all Projet, deen déi 300-Milliounen-al-Frange-Grenz iwwerschreit, mer hei e speziell Gesetz, esou wéi et an der Verfassung virgesinn ass, virgeluegt kréien. Mir wäerten also nach méi dacks Geleeënheet kréien, iwwer den Aménagement vu Belval-Ouest ze schwätzen. Iwwer dee Wee bleift d'Kontrollrecht vun der Chamber bei deenen eenzelne Projeten erhalen.

Wat déi geplangte Verkéiersinfrastrukturen ugeet, wäerte mir eis als Commission jointe vun den Travaux publics a

vum Transport am September mat der Gesamtproblematik vun engem integrative Verkéiers- a Landungsplanungskonzept fir de Beräich Industriebrooche beschäftegen.

Iwwer e Concours, deen de bekannten Architecte-urbaniste Jo Coenen aus Holland gewonnen huet, ass dat urbanistescht Konzept fir Belval-Ouest festgehale ginn, an deem all d'Funktionalitéiten hire Spezifitéiten no op eneen ofgestëmmt si ginn. Eng sou genannte Carte des investissements ass arrêtéiert ginn. Pläng an d'Maquette vun deem urbanistesche Konzept sinn dem grouse Public virgestallt ginn.

Elo kann déi definitiv Planungskonzeptioun ulafen. Parallel derzou ka scho mat eenzelne Projeten ugefaange ginn, zum Beispill der Stabiliséierung vun den Héichiewen, déi dringend noutwendeg ass. Fir déi Aarbechten esou wéi all aner staatlech Investissementer awer kënnen unzefänken, brauche mer de Projet vun haut, deen dofir och eng gewëssen Urgence huet. Ze mengen, d'Bâtiments publics kéinten dës Aarbechten am Kader vun hiren normalen Aarbechte mat iwwerhuelen, ass illusoresch, ass dach de jährléche finanziellen Impakt op 15 Joer verdeelt genau esou grouss wéi de Gesamtbudget, deen d'Bâtiments publics all Joer zur Verfügung hunn.

Mam Projet vun haut geet et also drëm, en Etablissement public ze schafen, deen all déi staatlech Investissementer um Site Belval-Ouest soll réalisieren.

Dës Projet ass eis elo am Detail vum éierewäerte Rapporteur, mengem Bieleser Fraktiounskolleeg Fred Sunnen, virgestallt ginn. Ech soen him villmools merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen an de groussen Zich dat erëmgëtt, wat an dësem fir d'Rekonverssioun vun den Industriebrooche wichteg Projet virrangeg ass. Als Député-maire vun der Gemeng Suessem huet hien den Dossier vun den Industriebrooche vun Ufank u mat suivéiert an et ass dofir nëmmen normal, dass hien eis de Rapport vun dësem Projet haut virgeluegt huet.

Hien ass op d'Problematik esou wéi op den Inhalt vun deenen eenzelnen Artikelen vum Projet agaangen, esou dass ech mir an lech dat erspuere kann. Ech wëllt a menger Interventioun nach eng Kéier op déi proposéiert Amendementer vun de Kolleegen a Kolleginne vun der LSAP-Fraktioun a vun der grénger Fraktioun agoen a versichen d'Beweggrënn duerzeleeën, firwat dass d'Kommissioun vun den öffentleche Bauten déi verschidden Amendementer net zrëckbehalen huet.

Den Avis vum Statsrot ass de 16. Abrëll 2002 déposiert ginn. En huet eng ganz Rei vun Ännerunge virgeschloen, op déi de Rapporteur schonn a sengem Rapport ausféierlech agaangen ass. D'Amendementer vun der sozialistescher Frënn hunn e groussen Deel vum Avis vum Statsrot iwwerholl. De Rapporteur huet et gesot, dass d'Kommissioun dem Avis vun der héijer Kierper-

schaft Rechnung gedroen huet, ergo och engem Deel vun den Amendementer vun der LSAP-Fraktioun. Deemno hunn déi och net wierklech en neit Element an d'Diskussioun erabruucht. Vu dass déi Amendementer eréischt nom Avis vum Statsrot presentéiert gi sinn, léisst drop schléissen, dass se sech um Avis vum Statsrot méi wéi inspiréiert hunn, fir net ze soen, geknäipt hunn. An anere Punkten hu se sech dem Här Garcia sengen Amendementer ugeschloss.

Déi sozialistesche Fraktioun huet awer doriwwer eraus virgeschloen, fir den Etablissement public net nëmmen op de Site vu Belval-Ouest ze limitéieren, mä och op déi aner Siten auszedehnen, déi vun der Etüd AGIPLAN, déi d'AGORA ausschaffe gelooss hat, prioritär zrëckbehalen gi sinn. Et sinn d'Lentille Terres-Rouges, Éilereng a Rodange. Et ass richteg, dass op dës Siten eng ganz Rei vun Entwécklungsméiglechkeete bestinn a fir eis als CSV-Fraktioun ass et evident, dass déi och prioritär ze reafektéiere sinn.

Den Här Innenminister Michel Wolter huet an der Kommissiounssëtzung vum 5. Juni 2002, wéi ech scho gesot hunn, en état des lieux an en Ausbléck vun der Entwécklung vun de Viraarbechten, déi op alle Siten amgaang sinn, virgestallt. Hien huet confirméiert, dass d'Iwwerleeunge weiderginn, fir ze definéieren, wéi déi Surfacen am beschte revaloriséiert kënnen ginn. Déi zwielef Südgemengen sinn a gi weider mat an dës Prozess integréiert. Entrevuen hunn an deene leschte Méint och scho stattfonnt.

De Minister huet präziséiert, dass nach an dës Wochen e Comité d'orientation et de suivi seng Aarbechte wëllt ophuelen. Pro Site soll e Comité de concertation entstoën. Och wa mer dat zousätzlech nach eng Kéier an d'Motioun mat ageschriwwen hunn, ass dat schonn esou virgesinn. Doriwwer eraus ass an deenen nächste Wochen eng Réunioun virgesi mat de Gemengen aus dem noe franséische Grenzland, fir iwwert déi 150 ha Surface op franséischem Buedem ze beroden.

Den Innenminister huet erkläert, dass verschidde Frichen nach Problemer duerstellen. Sou ass de Site vu Monnerech contaminéiert duerch Oflagerungen, déi 20 Joer laang do getäteg gi sinn. Hei kéint eng gutt zougänglech Bauschuttdeponie entstoën, déi iwwert dee Wee sanéiert kënnt ginn an déi nodréiglech zu engem Noerhuelungsgebitt ëmfunktionéiert kënnt gi mat, firwat net, engem Golfterrain drop.

Bei verschidden anere Siten ass nach net ofzegesinn, wat fir Affektatiounen a Fro kommen. Virbespriechunge si gefouert ginn an Etüde sinn amgaang ausgeschafft ze ginn. Masterpläng mussen erstallt ginn. Dat ass beispillsweis de Fall fir Rodange, wou sech kéinte PMEen an dem Beräich Fräizäit a Kultur niddersloossen. Hei gëllt et déi flott Natur mat anzebauen, d'Chiers ze renaturéieren, eenzel al Gebaier ze erhale fir d'Vergangenheet, d'Zukunft an d'Natur als e Ganzt ze amenagéieren. D'Natur-

a Vulleschutz-Liga huet och schonn an déi Richtung Proposé gemaach, eng Richtung, déi och d'Sympathië vun der Gemeng Péiteng huet.

Fir de Site Déifferdeng kéint ee sech eng Zone mat PMEën virstellen. Als CSV si mer der Meenung, dass d'Gemeng Déifferdeng, déi vun de Sozialiste laang vernoléisst ginn ass, am Interesse vun der Entwécklung vun der Gemeng och prioritär behandelt misst ginn.

De Site vun Éilereng bitt sech u fir ekonomesch Aktivitéiten. Duerch seng ideal Abannung un déi bestehend Transportinfrastrukturen ass et en optimale Site. D'Aushiewung vum Crassier kann, no den Aussoe vum Minister, a knapp zwee Joer zum Ofschloss kommen. Duerch déi gutt Infrastrukturen ass eng Ubannung un de Site vu Belval, un dat integréiert Verkéierskonzept, sou wéi et fir Belval virgesinn ass, liicht ze realiséieren.

Et geet deemno aus den Aussoe vum Minister daitlech ervir, dass d'Regierung gewëllt ass, an der Rekonverssioun vun de Frichë weiderzekommen. Des Weidere geet aus dese Considératiounen awer och klor ervir, dass d'Projeten iwwert dës Siten nach net esou wäit gedéi sinn, fir elo ganz genau ze wëssen, wat op dës Site kënnt.

Et ass de Moment also net gewosst, wéi a wat de Stat op dësen eenzelne Siten investéiert. Wann elo de Stat net ze investéiere brauch, gëtt en och net als Bauhär aktiv, also brauch och keen Etablissement public aktiv ze ginn. En plus misst fir all Site, laut dem Statsrot, en detailléierte Kadasterplang bäileien, wat awer nëmme fir de Site Belval-Ouest de Fall ass.

Deemno ass d'Bautekommissioun zum Schluss komm, fir dese Projet an enger éischer Phas op Belval-Ouest ze beschränken. De Rapporteur Fred Sunnen huet, wéi dat majoritär an der Kommissioun ugereegt gouf, eng Motioun iwwert déi Problematik déposéiert. Vum Prinzip hier ware mir eis all eens. Dofir gëtt an der Motioun d'Regierung invitéiert, fir d'Missioun vum Etablissement public op déi aner zitéiert Siten auszedehnen, wann d'Assainissementsplang an d'Etüden ausgeschafft sinn a wann décidéiert ass, wat de Stat gedenkt op deene Siten ze realiséieren. Ech mengen, dass de Wuertlaut vun der Motioun esou ass, dass se all de Fraktiounen an der Chamber Satisfaktioun dierft ginn. Ech si frou, dass d'LSAP d'Kéier kritt huet an dës Motioun, grad ewéi och déi gréng Kolleegen, mat ënnerschriwwen huet.

Wann elo op der Lentille Terres-Rouges kuerzfristeg de Lycée Hubert-Clément gebaut géif ginn, wat awer net definitiv décidéiert ass, besteet d'Méiglechkeet entweder d'Gesetz ze änneren an den Etablissement public mat der Realisatioun vum Bau ze chargéieren oder awer, wann et sech nëmme ëm en eenzelt Gebai dréit, d'Bâtiments publics mat deem Opdrag ze befaassen.

Zum Artikel 4 iwwert de Verwaltungsrot vum neien Etablissement public huet de Kolleg Robert Garcia eng relativ komplizéiert Struktur virgeschloen, déi vun der

sozialistescher Fraktioun iwwerholl ginn ass. Et geet hei ënnert anerem drëm, fir Memberen aus dem Syndicat PROSUD an de Verwaltungsrot ze nennen. Doriwwer eraus soll dese vum Comité de concertation a sengen Aarbechten assistéiert ginn, dee sengersäits erëm vu sou genannte Comités d'accompagnement fir verschidden Deelaspekter an deenen eenzelne Projeten encadréiert gëtt.

Ech mengen, dass de Wee, deen d'Kommissioun ageschloen huet, fir d'Modifikatioun vum Statsrot ze iwwerhuelen, dee richtegen ass. Et ass an der Kommissioun präziséiert ginn, dass d'Missioun vum Etablissement public sech nëmme op d'Konstruktioun vun Immeuble fir de Stat beschränkt.

De proposéierten Text vum Statsrot gesäit vir, dass d'Gemegevertrieder vun Esch a Suessem mat Voie consultative am Conseil d'administration siégéieren. D'Gemege sinn also permanent informéiert iwwert d'Aarbechte vum Etablissement public. Duerch d'Genehmegung vun de sektorielle Bebauungspläng laut dem Gesetz vun 1937 an d'Ausstellung vu Baugenehmegungen hu se en direkten Afloss op eenzel Décisiounen an et kéint zu Konfliktsituatiounen kommen, wa se Stëmmrecht am Conseil d'administration hätten. Hunn déi zwou Gemengen also och kee Stëmmrecht, esou hoffen ech dach, dass den Dialog tëschent de concernéierte Parteien am Verwaltungsrot offen, éierlech an transparent gefouert gëtt am Interesse vun der Zukunftsentwécklung vun deem Raum.

Ech denken, dass déi Formulatioun, déi elo zrëckbehalen ginn ass an déi sech un aneren Etablissements publics inspiréiert, eng gutt Léisung ass. Vu dass an aneren Etablissements publics et Gemege gëtt mat Stëmmrecht, esou wär et wichteg, wa mer op deem Punkt géinge légiférieren, respektiv klor Richtlinn festleeën, wéi an Zukunft d'Etablissements publics besat géife ginn.

En aneren Amendement vun deenen zwou Fraktiounen bezitt sech op d'Zesummesetzung vum Büro. De Büro soll laut Amendement duerch fënnf Memberen aus dem Verwaltungsrot gestallt ginn, wouvun der dräi de Stat representéieren an zwee d'Gemege Suessem an Esch. De Statsrot huet au fond näischt um Regierungstext, dee fir d'Besetzung vum Büro véier Memberen aus dem Verwaltungsrot virgesäit, auszesetzen. Hei gëlle, wat d'Gemengen ugeet, déiselwecht Iwwerleeunge wéi bei der Compositioun vum Verwaltungsrot, esou dass d'Kommissioun beim Regierungstext bliwwen ass.

D'structure opérationnelle vum Etablissement begräift am Ganzen 29 Leit, en Direkter, e Service administratif, e Service financier an e Service technique, esou wéi mer an enger spezieller Note, déi dem Projet bëllong, matgedeelt kritt hunn.

Dës Leit ginn op Basis vun engem Contrat de louage de service de droit privé engagéiert. D'LSAP hat an engem



Amendement proposéiert, esou wéi et am Accord salarial mat der CGFP diskutéiert gi war, déi Leit ze fonctionariséieren. De Ministère de la Fonction publique huet awer matdeele gelooss, dass wéinst der Komplexitéit vum Problem nach keng Richtlinne fir déi zukünftég Gestaltung vum dem Etablissement public définéiert wäeren, esou dass och do d'Kommissioun bei dem Regierungstext bliwwen ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Ech hoffen, ech konnt duerch meng Ausféierungen derzou bäidroen, fir déi verschidden an der Kommissioun erhëtzte Gemidder vun der Oppositioun e bësse ze calméieren. Dëst ass e wichtege Projet mat deem mer de Startschoss ginn, fir dass d'Aarbechten, déi vum Stat um Site Belval getäteg ginn, kënnen ulafen.

Wa mer endlech esou wäit sinn, dann ass dat de Mérite vun den zoustännegen Ministeren, der Mme Erna Hennicot-Schoepges a besonnesch dem Här Wolter. Dëst soll och emol hei gesot sinn.

Als CSV-Fraktioun considéiere mer den Text, deen elo der Chamber zum Vote virgeluegt gëtt, als e gudden Text, deen den appropriéierte Kader schaaft, fir d'Missioun vum Etablissement public op eng adequat Aart a Weis ze erfëllen. Aus dëse Grënn ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Wuert huet d'Mme Lydia Mutsch.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt Projeten, do suergt eleng schonn d'Virgeschicht fir e schlechte Start. An deem Fall léist een den Historique bei der Presentatioun am beschten ewech. Et gëtt awer och Projeten, wou de Werdegang en Atout ass, e konstruktive Bäidrag fir déi spéider Ëmsetzung vun deem Projet. De Gesetzesprojet iwwert d'Schafung vun engem Etablissement public fir d'Realisatioun vum Stat um Site Belval-Ouest gehéiert glécklecherweis zu där zweeter Kategorie.

1992 - Accord an der Tripartite fir eng Neinotzung vun den Industriesiten, déi am Süde fräi gi sinn, a Kreatioun vun engem Groupement d'intérêt économique am selwechte Joer.

1997 - Presentatioun vun der Agiplans-Etüd, déi véier prioritär Siten am Süden definéiert: Belval-Ouest, Éilereng, Lentille Terre-Rouge a Rodange.

1999 - Elaboratioun vun engem éischte Projet fir e Masterplang Belval-Ouest.

Mee 2000 - Éischten Tëschebericht an der Chamber.

2. Oktober 2000 - Schafung vun enger Entwécklungsgesellschaft.

15. Februar 2001 - Zweeten Tëschebericht an der Chamber.

11. Juli 2001 - Feu vert vun der Chamber fir de Stat, deen eng Partizipatioun bis zu 50 Milliounen Euro bei der Agora engagéieren dierf.

16. Januar 2002 - doriwwer schwätze mer haut - Dépôt vum virleiende Projet.

Zënter dem Februar Aarbechten an der zoustänneger Kommissioun vun der Chamber.

Dës Opzielung eleng ass awer nach keng Success story. Dat wier deene villen Acteuren Onrecht gedoen, déi hannert de Kulisse matgeholfen hunn, dass mer haut sou wäit sinn, dass et muar am Süde ka lass goen. Et sinn déi vill an intensiv Viraarbechten an de Concertatiounsgremien an den technesche Begleetgremien an de Ministère, déi zesumme mat de Gemengen a mat der Entwécklungsgesellschaft dofir gesuergt hunn, dass den Etablissement public fir Belval an engem ganz aneren Ëmfeld an och ënner ganz anere Virgaben agéiere kann, wéi dat zum Beispill beim Kierchbiërg de Fall war, e Beispill, dat an der Vergaangenheet vill kritiséiert ginn ass.

Belval a Kierchbiërg ass eigentlech e Verglach, deen hippt. Ouni den Aval vun der Chamber kann den Etablissement public fir Belval kee Projet realiséieren. De Fong fir de Kierchbiërg speist sech selwer a leeft laanscht d'Chamber. De wesentlechen Ënnerschied ass awer deen, dass fir Belval am Virfeld mat de Gemengen zesummen e Masterplang ausgeschafft an en Architektoconcours organiséiert gouf an d'37er Gesetz iwwert d'Stied- a Gemeindebebauung massgeblech ass a bleift. Domat ass d'Abannung vun de Lokalautoritéiten och weiderhi garantéiert. Dat si Préalablen, déi et erméiglechen, dass d'Ëmsetzung vum Projet an aller Transparenz ka geschéien.

Eigentlech misst also de Projet Belval-Ouest op grouss Begeeschterung stoussen. D'direkt Interventioun vum Stat an engem innovativen an ambitiësen Entwécklungsprojet am Süde vum Land, d'Dezentraliséierung, wéi mer se jo fir de Süde joerzëngtelaang gefrot hunn, eng Uni, eng Rockhal, e Centre de recherche, Entreprises, Start-upen, Kultur-, Sport- a Fräizäitinstallatiounen, staatlech Servicer, Konferenzzentrum: Et ass bal ze schéi fir wouer ze sinn.

Public-private Partnership ass d'Stéchwuert. De Stat mécht, wat um Gemengeplang nach schwéier ass, u laangwiereg Prozedure gekoppelt ass a vu staatlecher Säit oft net gewünscht schéngt. E sicht no Partnerschaften fir no privatwirtschaftleche Kritären e Site ze aménagéieren an och ze rentabiliséieren. Et geet u mat enger Bank, et geet weider mat engem groussen Kino- a Fräizäitkomplex, gekoppelt un eng ofgespeckte Versioun vun eiser gudder aler Rockhal, dann eng éischt administrativ Gebailechkeet vum Stat - wahrscheinlech d'Archiven, well se ze grouss si fir an der Stad ze bliwwen, wann d'Cité judiciaire gebaut gëtt.

D'Héichiewe gi stabiliséiert fir datt et och op der Terrasse des hauts fournaux, dem Häerzstéck vum Projet a wichtige Point de départ fir de Gesamtaménagement, ka lassgoen. Et gëtt trotzdeem eng Rei vun Ängscht, déi ronderëm Belval weider schlummere. Belval däerf keng Insel sinn, gëtt gesot, keng Retortestad, déi zu der Pärrel vum Süde geschlaff gëtt. D'Äntwert dorop muss sinn, dass d'Entwécklung vum Site Belval als gemëschte Quartier, wou geliefert, geschafft a gewunnt gëtt, ofgestëmmt muss gi mat de gewuessene Strukture ronderëm, an dass de ganze Süden ënnerteneen an un den neie Site ugebonne muss ginn. Dofir hunn ech mech och ganz besonnesch gefreet, wéi virun zwou Wochen e laang erwaartend Dokument vu Säite vum Transportministère endlech koum: d'Konzept vum öffentlichen Transport um Site Belval-Ouest a seng Ubannung un d'Regioun. Et gëtt och e wichtegt Instrument fir den Etablissement public. Wa mer nämlech behaupten an ustriewe wëllen, dass de Projet Belval Modellcharakter kritt, zum Beispill um architektoneschen, urbanisteschen an ökologesche Plang, oder am Émgang mat den Zeie vum Industriezäitalter, da gehéiert den öffentlichen Transport onbedingt dobäi.

Wann et och elo nach, wéi mer dat generell bei de staatlechen Investitiounen erwaarden, en Zäitplang gëtt fir d'Ëmsetzung vun deene gudden Absichten a Saache Bus, Tramm a Schinn, da si mer gerett. Soss riskéiere mer fir mat classeschen Iwwergangsléisungen a Saache Parkraum an Autosverkéier Fait-accomplien ze schafen, déi mer herno net méi ewechkréien. An deem Zesummenhank ass et erfreenlech, dass deen éischte Projet vum Stat um Site Belval, d'Rockhal- oder d'Musekshal, fir déi, déi sech genéieren- net nëmmen un de Kinokomplex, mä och den Aménagement vun enger neier Gare, dem sou genannte Südbahnhof, gekoppelt ass. Domat kënne virun allem déi jonk Leit, déi vläicht nach net grad esou op den Auto fixéiert si wéi déi meescht vun eis heibannen, bequem a Käsche spuerend vum öffentlichen Transport profitéieren. Wichtig wier et och, déi nei Gare am Süde vum Site Belval net nëmme bis Bieles, mä iwwer en neien Tunnel bis erop op Déifferdeng ze zéien. Dat si Perspektiven, déi zu enger besserer Akzeptanz vum Gesamtprojet bäidroen, a Belval net als Konkurrenz, mä als Ergänzung zu de bestoenden Uertschaften ugesinn, déi vun den neien Impulser op Belval profitéiere sollen.

Et ass wahrscheinlech méi einfach, en Escher wéi ee vu Réiser oder vu Käerjeng dovunner ze iwwerzeegen, dass d'Neinotzung vun Industriebroche ronderëm de Projet Belval-Ouest eng gutt Saach fir de ganze Süden ass. Dofir sollt et fir eis en essentielle Message sinn, dass Belval den Ufank ass, wuel e Projet mat Symbolcharakter, mä net deen eenzeg, a scho guer net dee leschten. Rodange, Terre Rouge, Déifferdeng, Éilereng, Monne- rech: Parallel zu Belval mussen och op deenen anere Sitë Virbereedungen ulafen, och wann déi spéider Not-

zungsméiglechkeete ganz ënnerschiddlech wäerte ginn, als Quartier mixte mat Wunnzonen, oder éischter enger gréisser Industriezon - un e Golfterrain hat ech perséinlech nach net geduecht, dat ass awer interessant. Fest steet elo schonn, dass op deene Plazen an och op deene Plazen am Süden, wou keng Frichë sinn, ganz vill Potenzi- ale schlummere, déi just drop waarden, sënnvoll ge- notzt ze ginn.

Et ass dofir net ganz einfach, fir nozevollzéien, firwat den Etablissement public, deen ëmmerhin 28 Employéé wäert kréien an dee mir haut an d'Liewe ruffen, ausschliesslech um Site Belval intervenéieren dierf. D'Argu- menter, déi mer genannt kréien an hei nach eng Kéier widderholl kritt hunn, si folgend: Éischtens sinn d'Vir- bereedunge vun deenen anere Sitë nach net wäit ge- nuch, op jidde Fall net esou wäit wéi Belval - wat iwwre- gens eng Tatsaach ass.

Zweetens ass de Statsrot dogéint, well d'Missioun vum Etablissement public fir déi aner Siten nach net defi- niert wieren.

Drëttens gëtt et keng Kadasterpläng fir déi aner Siten a si waren dofir och dem Projet de loi net bäigefügt. Spéi- tstens bei dem Punkt 3 muss een awer eng Kéier ganz déif Otem huelen.

Här President, ech gi ganz einfach dovunner aus, dass, wann en normalen Deputéierten et fäerdeg bréngt, sech d'Kadasterpläng fir déi genannte Siten ze besueren, dat dann och fir e Regierungsmember méiglech misst sinn.

Ech maachen dofir hei offiziell den Dépôt vun de Kadas- terpläng, Här President, fir d'Frichë vun Éilereng, Terre Rouge, Rodange an Déifferdeng. Et si Pläng an enger Echelle vun 1:2.500, a si ëmfaassen Informatiounen iwwer d'Topographie, d'Hydrographie, d'Opdeeling vun de Parzellen, d'administrativ Limiten an d'Voirie.

Fir dass esou Pläng op déiselwecht Echelle wéi déi vu Belval kënne kommen, nämlech 1:1.000, muss e Mesu- rage cadastral gemaach ginn, deen am Duerchschnëtt véier bis aacht Wochen dauert. Si erlaben an der Regel Précisiounen ze ginn, wann zum Beispill Problemer do sinn, fir déi genee Limitte vun engem Terrain ze defi- niéieren oder Parzellen an eenzel Lousen opzedeelen. Au fur et à mesure wéi e Projet oder eng Demande evolu- éiere kënnen zousätzlech Donnéeën erafléissen.

Zwee weider Argumenter, déi ervirbruecht ginn, fir d'Sitë vu Rodange, Terre Rouge oder Éilereng lo net an den Zou- stännegkeetsberäich vum Etablissement public afléissen ze loossen, waren, dass déi eventuell Missioun vum Eta- blissement public fir dës Siten nach net definéiert wieren, an d'Virbereedungen nach net wäit genuch wieren.

Här President, ganz dovunner ofgesinn, dass viles um Site Belval eréischt an deene leschte Wochen a Méint konkre- tiséiert ginn ass an nach weider gëtt, schwätze mir beim Projet Belval vun engem Entwécklungszäitraum vun zéng

bis zwanzeg Joer. Bei der Presentatioun vum Innenminister fir d'Perspektive vun deenen anere Siten opzeweisen, gouf fir Éilereng en Entwécklungshorizont vun 2004 bis 2011 ugekënnegt, a fir Terre Rouge vun 2004 bis 2009; deen nämlechten Zäitraum gëllt fir Rodange a fir Déifferdeng. Et kann een also duerchaus dovunner ausgoen, dass och déi aner Sitë geschwë prett si fir an eng Planung eranzekommen. Erfreelech ass dofir ëmmerhin, dass op Initiativ vun engem Escher DP-Politiker eng Motion konnt zustane kommen, déi haut vum Rapporteur agereecht gouf, an déi eis als Fraktioun et erlaabt huet, eis Propositionen a Richtung vun enger Ausdeenung vum Aktionsradius op déi aner Sitë mat anzebréngen, och wa mir se léiwer direkt am Gesetz gesinn hätten, dat elo no de bekannte Prozeduren ëmständlech amendéiert muss ginn. Och gäre gesinn hätte mir eng Partizipatioun mat effektivem Stëmrecht vun de concernéierte Gemengen am Conseil d'administration vum Etablissement public. Ganz ofgesinn dovun, dass och de Statsrot deen Hiweis gemaach huet, leider awer keng Modificatioun proposéiert huet, si mir der Meenung, datt kengem Mënsch en Zacken aus der Kroun gefall wier, wann zwee Gemeengevertreder net nëmme symbolesch gefrot gi wieren, mä wierklech kéinte matbestëmmen. An eisen Ae wier dat just d'Weiderféiere vun engem Erfolgsmodell op lokalem a regionalem Plang beim Zustandekomme vum Masterplang Belval-Ouest.

Gären hätte mir et och gesinn, wann d'Travaux publics-Kommissioun am Zesummenhank mam Personal mat private Kontrakter, sou wéi et elo fir den Etablissement public agestellt gëtt, deeseweche Wee gaange wier wéi d'Mediëkommissioun beim Gesetz iwwert d'Protection des données. Hei gouf iwwer Amendement vum 4. Juli 2002 befonnt, dass net Employé-privéen, mä Fonctionnaires agestellt ginn, mat allem wat dat heescht a Saache Statut, Traitement a sozialer Sécherheet. Et geet also, wann een et wëllt.

Här President, ofschléissend nach e wichtege Hiweis, deen eis um Häerz läit. De Projet Belval ass an eisen Aen en histoiresche Projet, deem senger Ëmsetzung mir duerch de Vote vun haut e wichtege Schratt méi no kommen. Belval ass mat Sécherheet e Projet, dee gutt fir d'Land a gutt fir de Süden ass. Mä bei all Respekt fir de Projet an esou wichtege och ass, kommt loosst eis a sengem Zesummenhank net méi vun enger Renaissance vum Süde vum Land schwätzen. Mir sinn eis an eiser Regioun bewosst, dass et wéi an anere Regiounen nach eng ganz Rei vu Problemer gëtt, déi mer musse geléist kréien. Déi aarmséileg Diskussiounen ëm Clearstream a Luxlait hu gewisen, dass och den Imageproblem dozou gehéiert. Trotzdeem si mir als Südregioun mat oder ouni Belval weder op der Intensivstatioun nach ënnert dem Buedem. Mir hu flott Wunnengen, Plazen, Geschäfte, Parken, Wisen. Et ass eppes lass bei eis, et gëtt gutt Schoulen. Et fonctionnéiere Betriber an et spille Kanner. Mir hunn zwar bis elo nach kee Gebai, dat méi héich ass

wéi de Kierchbiereg, awer dat packe mer och nach. Jiddefalls si mer am Süde wakreg a fitt genuch, fir drop opzepasst, dass och beim Stat nach eppes rescht bleift, fir eis niewent Belval komplementär oder onofhängeg vu Belval eng Hand mat unzepaken, bei deem, wat mer an eisen Uertschaften alles nach wëllen hunn.

Deen Hiweis gemaach, bréngen ech meng Zoustëmmung zu dësem Projet de loi a mat där Zoustëmmung déi vu menger ganzer Fraktioun.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Marco Schroell agedroen. D'Wuert huet den Här Schroell.

**M. Marco Schroell (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun engem Joer, praktesch jour pour jour, hu mer hei op dëser Plaz d'Agora-Gesetz gestëmmt. Ech hunn deemools déi geschichtlech Roll ervirgestrach, déi de Süde joerhonnertelaang an der wirtschaftlecher Entwécklung vum ganze Land gespilt huet. Mir sollen eis däers net nëmme haut, mä ëmmer, wa mer vun der Reconversioun vun de Friches industrielles schwätzen, bewosst sinn. Dat, wat mer haut sinn, dat hu mer zu engem groussen Deel den Aarbechter ze verdanken, déi ënner schwéiere Konditiounen an de Minièren an an der Schmelz geschafft hunn. Hire Schweess ass et, deen den eigentleche Räichtum vun eisem Land duerstellt.

Här President, haut maache mer also e weidere Schrëtt, fir eis der Realisatioun vun der Reconversioun vun de Friche-industriellen aus dem Süde méi no ze bréngen.

D'Etüd AGIPLAN aus dem Joer 1997 huet véier prioritär Sitë festgehalen; et sinn dat Belval-West, Éilereng, Lentille Terre-Rouge a Rodange. Den Innenminister huet vun der Regierung d'Charge kritt, fir sech, am Kader vu senge Kompetenzen, zu deene jo och den Aménagement du territoire gehéiert, ëm dësen Dossier ze këmmen. Den 31. Mee 2000 huet en der Chamber en éischte Rapport iwwert d'Friches industrielles virgestallt.

Do ass emol fir unzefänke festgehalen ginn, datt alleguerten d'Friches industrielles, och déi, déi iwwert d'Grenzen erausginn, an d'Iwwerleeunge vun enger Reconversioun matageschloss ginn. Et ass awer och kloer an däitlech gesot ginn, datt Belval d'Priorité des priorités duerstellt. Vu Belval soll also alles ausgoen.

Elo, mat dem Etablissement public, iwwert dat nëmme staatlech Projeten duerchgefouert ginn, geet et also weider, fir déi ambitiéis Entreprise, déi d'Reconversioun vun de Frichen duerstellt, ze realiséieren. Tatsächlech handelt et sech ëm ee Mammutprojet, mat deem iwwert déi nächst zéng bis fofzéng Joer iwwer eng Milliard Euro, dat heescht ronn 40 Milliarden aler Frang engagéiert ginn.

Erlaabt mer awer och dem Rapporteur, dem Här Fred Sunnen, fir säi exhaustive schrëftlechen a mëndlechen Rapport merci ze soen an ze félicitéieren. Ech brauch dofir och

net méi op all Detailler vun dësem Projet de loi anzegoen, déi déi aner Virriedner och duerchgeholl hunn.

Här President, et ass am Kader vun dësem Projet de loi erëm vill iwwert d'Opportunitéit vun der Kreatioun vun engem Etablissement public geschwat ginn. Fakt ass, dass eis alleguerten dru geleeën ass, fir déi Projeten, déi bis elo virleien, esou schnell wéi méiglech an Ugrëff ze huelen, a bis dato hunn ech nach net vun engem aneren a besseren Outil héiere wéi dee vun engem Etablissement public.

Firwat musse mer schnell handeln? Well engersäits e reelle Besoin un Infrastructure besteet, mä awer och, a ganz besonnesch, soll aus enger savanter Kombinatioun vu Wëssenschaft, Forschung a Kultur eng Dynamik ausgoen, eng nei Dynamik soll am Süden entstoen, an zwar net nëmmen zu Belval, mä och déi aner Siten, déi un enger Reconvertioun interesséiert sinn, sollen deen néidegen Opdriff kréien. D'Kommissioun huet jo och eng Motioun ausgeschafft, déi d'Regierung opfuerdert, d'Missioun vum Etablissement public op déi aner Site-prioritaires ze erweideren, wann een iwwert alleguert d'Elementer virfügt, fir Projeten op dese Siten ze plangen.

Ech verstinn zum Deel d'Opreegung vun der Mme Mutsch, well déi aner prioritär Siten - si denkt natierlech virun allem un Terre-Rouge - fir de Moment net an dësem Projet de loi berücksichtegt ginn. Et ass awer esou, an doriwwer hu mer och an der Kommissioun laang geschwat, dass ausser fir Belval d'Detailler iwwert déi verschidde Projete feelen, déi op de Frichen realiséiert solle ginn. Detailler, zum Beispill Kadasterpläng oder Plans d'assainissement zu deenen anere Site leien awer nun emol de Moment net vir a kënnen dofir och net an dësem Projet de loi opgefouert ginn. Ech fannen et schued, datt d'Mme Mutsch elo just am Plenum mat deenen Ënnerlage kënnt, anstatt dat viru véierzéng Deeg an der Kommissioun ze maachen.

### **(Interruption)**

Dann hätte mer se mol ënnersicht a gekuckt, ob dat der Wouerecht an der Realitéit entsprécht.

### **(Interruption)**

Wéi gesot - an dat ass och e puer Mol kloer an der Kommissioun gesot ginn - hält eis näischt als Gesetzgeber dovun of, le moment venu d'Missioun vum Etablissement public ze erweideren. Mir fuerderen d'Regierung jo och op, an där Motioun, déi den Här Sonnen virdrun déposéiert huet, dat ze berücksichtegen.

Här President, vu dass ech hei a menger Eegenschaft als Verrieder aus dem Süde schwätzen, an ech vun Esch kommen, kommen ech och net dolaanscht, e Wuert iwwer eng méi spezifesch, mä och wichteg Fro ze soen. Et geet ëm de Lycée Hubert-Clément vun Esch. De Plan directeur sectoriel Lycées gesäit vir, dass en neie Lycée Hubert-Clément op Lentille Terre-Rouge gebaut soll ginn.

D'Missioun vum Plan directeur sectoriel Lycées ass et jo, fir déi nächst Joren déi adequat Äntwerten ze fannen a puncto Schoulinfrastrukturen. Dat muss een am Kontext vum Gesetz iwwert den Aménagement du territoire vum 21. Mee 1999 gesinn, dat virgesäit, datt e Programm directeur d'aménagement du territoire opgestallt gëtt. Dëse Programm ka präziséiert an dono opérationnel gemaach ginn duerch d'Plans directeurs régionaux an/oder Plans directeurs sectoriels. Beispiller sinn de Plan directeur régional Transports an eben de Plan directeur sectoriel Lycées.

Vir erëm op de Lycée Hubert-Clément zrëckzekommen, sou huet de Ministère de l'Education nationale och schonns mat der Gemeng Esch iwwert de Bau vun engem neie Lycée op Terre-Rouge geschwat, an dat net eréischt säit geschter, mä och schonns mat dem viregte Schäffert. Et besteet och menges Wëssens e regen a positive Kontakt an där Hisiicht tëscht de Ministère, och dem Bauteministère an der Schoulcommunitéit aus deem Lycée. Jidderee schéngt sech eens ze sinn, dass dee Lycée op Lentille Terre-Rouge komme soll. D'Lag vun deem Site ass och ganz ideal, well se no beim Conservatoire vun Esch ass, an natierlech och no beim Zentrum vun der Stad Esch.

Mengen Informatiounen no ass och schonn eng Etüd duerchgefouert ginn, wat d'Dekontaminatioun vum Bueden ubelaangt. Och hei schéngt kee Problem ze bestoen. Et ass festgestallt ginn, datt Lentille Terre-Rouge sech elo net fir de Wunnengsbau eegent, well de Buedem versigelt muss ginn. Prinzipiell schéngt awer kee Problem ze bestoen, fir eng Schoul do ze bauen. De Lycée Hubert-Clément wäert also kënne gebaut ginn, an déi concernéiert Acteure schéngen och hie Bereetschaft dofir ze weisen. Trotzdeem muss ee sech awer bewusst sinn, dass een, wann een deen Terrain méi genau ënnert Lupp hält, en vue vun der Realisatioun vun engem Bau-projet, dach ni à l'abri vun enger Iwwerraschung ass, an ee vläicht en fin de compte awer feststelle muss, dass deen Terrain net gëeegent ass. Dat ass nun emol esou bei der Reconvertioun vun Industriebrochen. Mir hoffen awer elo mol, dass do keen neit Element an d'Spill kënnt, an dee Lycée op deem Site gebaut ka ginn, deen am Plan directeur sectoriel Lycées festgehalte ginn ass.

De Plan directeur geet elo emol, sou wéi d'Prozedur vum Gesetz dat virgesäit, während dräi Méint an d'Consultatioun bei déi betraffe Gemengen, an duerno ginn déi Décisiounen getraff, déi getraff solle ginn, mat deenen neien Erkenntnisser, déi aus deene Consultatiounen ervirginn.

Ech wëll och weiderhin präziséieren, datt de Bau vum Lycée Hubert-Clément a sech näischt ze dinn huet mam Etablissement public, deen duerch dëst Gesetz geschafe gëtt, contrairement zu deem, wat verschidde Leit gemengt hunn. D'Schoulgebaier kënnen nach ëmmer duerch d'Bâtiments publics gebaut ginn. Dat heescht



also, dass een net forcément waarde muss, dass d'Mission vum Etablissement public op de Site Terre-Rouge erweidert gëtt, fir mam Bau vum neie Lycée Hubert-Clément unzefänken.

D'Chancë stinn also gutt, dass dëse Lycée op Lentille Terre-Rouge kënnt, an dat ass och ausdrécklech ze begreissen, grad esou wéi et eng äusserst positiv Saach ass, dass och op de Site vu Belval en neie Lycée de proximité gebaut gëtt.

Här President, ech kommen zum Schluss vu menger Intervention a kann nëmmen nach eng Kéier betounen, datt et sech hei ëm ee formidable Projet handelt, op deem d'Leit aus dem Süden an och déi aus dem Rescht vum Land houvreg kënnen sinn.

Déi, déi am Süden an enger Stad gewunnt hunn oder wunnen, wou eng Schmelz war, hunn nach de Klang vum Bier an den Oueren. De Bier war déi Siren, déi de Schichtwiessel op der Schmelz all aacht Stonnen ugesot huet. Haut an hei an der Chamber ass de Bier nach eemol erklungen an huet en neie Schichtwiessel ugekënnegt. De Süde vum Land mécht sech op an eng nei an dynamesch Zäit, sou wéi mer et vun deem Deel vun eisem Land net anescht gewinnt sinn.

Et wäert lech also net wonneren, dass ech heimadder den Accord vun der Fraktioun vun der demokratescher Partei zu dësem Projet de loi ginn, an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vum ADR wëll ech selbstverständlech och dem Här Rapporteur fir säi gudden an explizite Rapport merci soen. Et huet een erausgespuert, datt hie mam Häerz dobäi ass, well dëse Projet Belval-West jo awer maassgeblech och un der Zukunft vu senger Gemeng mat drun hänkt.

Datselwecht gëllt awer och fir mech als Escher a fir all déi Escher a Bieleseer Deputéierten, déi hei Stellung geholl hunn oder nach wäerten huelen. Et besteet en allgemengen an engagéierte Konsens fir dës eemoleg Chance fir de Süden a besonnesch fir d'Escher a fir d'Suessemer Gemeng optimal ze notzen. Dofir ass et wichteg, dass mir elo endlech an de Gemengeréit och d'Statute vum Syndicat Pro-Süd zur Ofstëmmung bréngen, fir dass déi Zesummenaarbecht vun deene betroffenen zwielef Gemengeréit offiziell och am Interesse vun der Reconversion vum Rescht vun den Industriebroche fonctionnéiere kann.

Déi Escher Gemeng - an och, sou hunn ech matgedeelt kritt, déi aner Gemengen - stëmmen den 12. Juli de Baitrëtt an dëse Syndicat, an ech mengen, datt och do an der Escher Gemeng d'Zoustëmmung vum ADR

selbstverständlech fir de Baitrëtt an dee Pro-Süd do acquis sinn. D'Zesummenaarbecht vun deene betraffene Gemengen ass wichteg, net nëmmen eleng aus finanzielle Grënn.

Ech kommen net dolaanscht fir hei ze bemierken, wéi een et net soll maachen. Do ass dat Beispill vun der Escher a Suessemer Gemeng demonstréiert ginn, wou se allen zwee eng eegen Etüd iwwert d'Reconversion vum deemselwechte Site Belval an Optrag ginn hunn a fir vill Geld ausféiere gelooss hunn, anstatt sech op eng Firma ze eenegen, wat nëmmen d'Halschecht vum Präis kascht hätt.

E Syndicat wéi Pro-Süd kann déi regional Koordinatioun vun der Reconversion vun deenen Industriebroche regelen an domadder vu vireraf déi néideg Akzenter setzen an och dat eent oder dat anert Dysfonctionnement verhënneren.

Eng ganz enk Zesummenaarbecht vun der Escher an der Suessemer Gemeng ass noutwendeg, well et sech beim Site Belval ëm e Pilotprojet handelt, dee Geschicht ka schreiwen, awer och zukunftsweisend ka si fir d'Reconversion vun deenen anere Frichen. Och d'Presentatioun vum PAG vu Belval-West, deem elo och am Escher Gemengerot muar de Moien presentéiert gëtt, ass e wichtige Schrëtt an der Realisatiounsphas vun der Reconversion vun den Industriefrichen op ARBED-Belval.

Am Zesammenhank mat deem PAG ass awer och d'Upassung un déi bestehend Verkéierskonzepter noutwendeg, fir esou dem Ëmweltschutz wéi dem Respekt vun der Liewensqualitéit vun den Awunner, spéideren Awunner a Besicher vum Site Rechnung ze droen. Dat esouwuel fir d'Gemeng Esch wéi fir d'Gemeng Suessem.

Den Transportministère huet versicht, a verschidde Virschléi, d'Méiglechkeete vun der Koordinatioun vum öffentlechen Transport mat dem Projet PAG, deem de Concours vun der Organisatioun vum Site gewonnen huet, ze verbannen. Dat ass och eng ganz konkret Viraarbecht am Kader vun der Realisatioun, déi absolut ze begreissen ass.

Den ADR huet a sengem eegene Verkéierskonzept fir de Süden als éischt Partei de Verkéiersproblem versicht ze léisen, well mer eis bewusst waren, dass een net ka bis zu 20.000 nei Bewunner op ee Site drainéieren, ouni dass am Virfeld de Verkéiersproblem fir déi betraffe Gemenge geléist ass.

Mir si frou, dass den Transportministère eis Virschléi zum Deel iwwerholl huet. Den ADR huet just a sengem Konzept net nëmmen Zuch a Buss berücksichtegt, mä och den Auto, deem ee jo net einfach vun haut op muer kann aus der Welt schafen.

Mir hunn och méi eng liicht Aart vun öffentlechen Transportmëttel proposéiert, nämlech e Shuttle, dee méi startschnell a méi flexibel ass an och aner Fläche kann ofdecken.

Och ass an Zesummenaarbecht mam ADR intern an de Suessemer an Escher Strukture ganz enk, well mer eis vu vireran dogéint gewiert hunn, dass soll aus deem Site Belval e Kierchbieregkonzept ginn, dat mer op kee Fall wëllen an och keng Ausglidderung wëlle vun deem Site, wat d'Escher an d'Suessemer Gemeng ubelaangt. Ech sinn och frou hei ze héieren, dass dat op kee Fall gewollt ass an dass mer all an déi Richtung wëlle goen, dass dee Site soll enk verbonne gi mat deenen zwou Gemengen, déi betraff sinn.

E weidere wichtege Aspekt an der Realiséierungsphas ass natierlech awer och d'Sanéierungskonzept, e Konzept, dat vun der AGORA presentéiert ginn ass a wat seng Konklusiounen op Hand vu véier kloer ofgedeelten Zone gezunn huet.

Déi verschidden Zorte Belaaschtunge sinn un Hand vun Analysen a Buerunge kloer definéiert ginn an no hirem Belaaschtungsgrad klasséiert ginn.

Wat mer awer ze bedenke gëtt, dat ass d'Aart a Weis vum Gichtschlamm, dee soll einfach ëmgelagert ginn op ee Koup an da versigelt oder ofgedicht ginn, op déi Aart a Weis wéi de Ronnebiereg.

Wat d'Konsequenz dovunner ka sinn, muss nach eemol kloer analyséiert ginn, net dass mer do eng ekologesch Bomm provozéieren.

Et gesäit een also, dass vill Acteure mussen zesummespillen, fir eng optimal Rekonversioun ze realiséieren.

Zu deem ganzen Engrenage, dee muss anenee gräifen, gehéiert dann natierlech och de Fong, deen haut hei proposéiert gëtt an deen zur Aufgab huet, d'Equipementer vum Stat um Site ze realiséieren an och déi néideg Immeublen zur Verfügung ze stellen, fir dës Missioun ze erfëllen.

Ech mengen, dass souwuel den Här Rapporteur wéi och meng aner Virriedner esou zimlech alles gesot hunn, wat mat der Rekonversioun a mat dësem Projet zesummenhängt.

Bei aller Euphorie, déi hei herrscht, wëll ech awer net verfeelen, e puer Wuert iwwert d'Artikele 16 a 17 vun dësem Gesetzprojekt ze verléieren. Dës Artikele bevollmächtigen d'Regierung, déi Terrainen an Installatiounen opzekafe bis zu engem Maximum vu 70 Milliounen Euro. Dës Terrainen, déi enger Gesellschaft ursprüngelech fir en Apel an e Stéck Brout zougestane goufen, déi dës Terraine jorzéngtelaang exploitéiert a verseucht huet, sollen elo erëm der Gesellschaft ofkaaft ginn, an dës Gesellschaft setzt och nach mat an der AGORA a bestëmmt de Verkaufspreis selwer mat.

Dat ass zumindest eng konfus Situatioun. Ech mengen, doriwwer si mer eis jo awer eens.

Ech hoffen, dass d'Regierung do hir Roll am Interesse vun der Allgemengheet iwwerhëlt an der Gesellschaft,

déi schonn ëm déi Honnert Milliarde Cadeauen aus Steiergelder kritt huet, och net elo nach Cadeauë beim Verkaf vun den Terraine mécht.

D'Regierung huet jo och nach e speziell Ofkommen mat der ARBED, dass, wa beim Verkaf vum Terrain géif e Benefiss erausfalen, dës Benefiss 50 zu 50 géif opgedeelt ginn tëschent der ARBED an der Regierung, mat der Konsequenz, dass d'ARBED da 50% vun deem Benefiss ganz kritt, de Stat awer e gudden Deel dovunner an d'Infrastrukture vun de Site muss investéieren. Et ass also eng glung Aart vun Opdeeling vu 50 zu 50.

Här President, schlussendlech hoffen ech, dass mer bei der Bevëlkerung vun deenen zwou betraffene Gemengen, iwwert de Wee vun der Transparenz an enger positiver Publizitéit, déi néideg Akzeptanz fannen, fir dass mer bei de Kommodoprozeduren net duerch Particulieren oder Organisatiounen blockéiert ginn, an dass mer dës wichtege Projet esou schnell wéi méiglech kënne realiséieren.

Den ADR wäert dës Projet stëmmen, mä sech awer d'Recht virbehalen, bei allen Etappe vun der Realisatioun déi néideg Transparenz ze fuerderen, an och drop halen, dass zu all Moment déi jeeweileg betraffe Gemengeréit bei alle Realisatiounsphasen an d'Konsultatioun mat abezu ginn.

Ech mengen, dee Projet hei ass gutt, mä e muss transparent bleiwen an allen Etappen, well ech soen hei ganz kloer, zu Esch akzeptéiere mer op jidde Fall keng Magouillë wéi se um Kierchbiereg geschitt sinn.

Dann, Här President, wëll ech nach e puer Wuert verléieren iwwert d'Motioun, wou am zweetleschte Considérant steet: "Constatant que le présent projet de loi s'applique uniquement au site Belval-Ouest".

Da steet am éischten Abschnitt: "A étendre les missions de l'établissement public pour la réalisation des équipements et investissements de l'Etat sur le site de Belval-Ouest aux autres sites prioritaires". Da stellen ech mer einfach d'Fro an ech hoffen, dass ech déi beäntwert kréien, wéisou dass dat dann elo net am Artikel 2 vun deem heite Gesetz mat integréiert ginn ass, well wa mer et elo net integréieren a mir stëmmen iergendeng Motioun, da wäerte mer zu iergendengem Zäitpunkt, wann déi Rekonversioun weidergeet, erëm en neit Gesetz musse stëmmen, fir dann do erëm en neie Fong ze schafen. Ech wier frou, wann hei Klorheet géif geschaaft ginn. Mir hätten dat kënnten, wann dee Projet net esou schnell hätt missen iwwert d'Bühn goen, an den Artikel 2 vun dësem Gesetz matabannen. Dann hätte mer eis et kënne erspüren, fir spéider en neit Gesetz ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

Den Här Nicolas Strotz freet nach d'Wuert.

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Ech wollt dem Här Jaerling just soen, dass hie vun den Artikele 15 a 16 geschwat huet, déi d'Regierung géifen ermächtigen Terrainen opzekafen. Ech huelen zur Kenntnis, dass hien net ëmmer an de Réunioun war, vu dass en net Member vun der Kommissioun ass, well soss hätt e misste wëssen, dass déi Artikelen op Grond vum Statsrot senger Opposition formelle erausgeholl gi sinn, an dat kënnt och grouss aus dem Projet de loi selwer eraus, wou den Intitulé sech nëmme méi op d'Schafe vun engem Etablissement bezitt an net méi, wéi et am ursprüngelechen Text stong, op den Ukaf vun deenen Terrainen.

Dat just zur Informatioun. Dat wat den Här Jaerling hei gesot huet, stëmmt net méi. Et geet nach just ëm d'Schafe vun engem Etablissement an net, fir nach zousätzlech dem Fong ze erlaben, Terrainen opzekafen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Robert Garcia.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll aus ganzem Häerz dem Rapporteur Fred Sunnen zu sengem Rapport félicitéieren, dee jo fir hien huet missen e längere Martyrium sinn an deen e just konnt mat enger leschter Hëllef vu sengem zögerleche Stëmmvéi, dat schliesslech de richtige Stall fonnt huet, iwwert d'Bühn bréngen.

Fir de Rapporteur-député-maire huet hei gegollt "zwei Seelen wohnen ach in meiner Brust". En ass engersäits Buergermeeschter vun enger vun deenen zwou konzernéierte Gemengen a mat dësem Gesetz gëtt hien als Buergermeeschter zu engem Zaungast am Fonds Belval toleréiert, an hien huet missen zouginn, dass hie schonn als Zaungast an der AGORA keng gutt Erfahrungsge-maach huet.

Hien hätt sech missen als Buergermeeschter a Member vum ProSud fir méi eng grouss Presenz vun de Gemengen am Conseil d'Administration vun dësem Etablissement public staark maachen. Dat d'autant plus, wou all déi aner politesch Partner, souwuel déi gréng Koalitiounspartner zu Suessem wéi och all d'Koalitiounspartner zu Esch, d'LSAP, déi Lénk an och déi Gréng, sech fir esou eng Presenz ausgeschwat hunn.

Och huet de Rapporteur gesot, dass hien, genau wéi déi aner Gemengen, gutt Erfahrungsge-maach mat dem Comité de Concertation gemaach huet, esou dass hien och hätt missen anriede fir esou e Comité de Concertation an dat Gesetz anzuschreiwen.

Als Deputéiert awer, Här President, gouf hie vu sengem Innenminister Wolter a vum Bauteminister Pesch op d'Plaz gesat, an dat obwuel d'Bauteministesch ff, d'Mme Hennicot-Schoepges, am Ufank vun den éischte Réuniounen nach e gewësse Minimum vu Versteesdemech gewisen hat fir déi Uleies, an et hätt ee kënne mengen,

dass et an déi richteg Richtung gaange wier, mä mat där Hoffnung war et séier eriwuer, wéi de "black block" vun der CSV sech nei forméiert hat.

De Rapporteur-député-maire ass also e bëssen eng tra-gesch Figur an dëser Broochegeschicht, wou hien huet missen als Rapporteur quasi seng eegen Entmachtung hei virdroen.

### *(Interruptions diverses)*

Ech wëll trotzdeem och e puer méi positiv Noten a mäin Discours bréngen. Et muss een zréckblécken op déi lescht aacht bis zéng Joer. Mir sinn e wäite Wee gaange säit dem Slogan virun zéng Joer "eweche mam ale Schrott", deen een oft am Süden héieren huet. Mir sinn och e wäite Wee gaange säitdeem den Här Goebbels eng massiv Reindustrialiséierung nom Modell Krono-span fir de Süde virgeschloen hat.

Mir sinn och e wäite Wee gaange säit dem Geheimbond Kierchbiereg, wou an enger Zone franche Manéier eng Enclave an der Stad an am Stat operéiert gouf.

1996 gouf et nach e GIE-Ersid, wou eng total Dominanz vum Economieministère stattfonnt huet. Déi aner Minis-tère ware just als Statiste gedullt. Eng Gemeng kounn net dra vir an eng Bedeelegung vun de Bierger war null.

Ech hu mer och soe gelooss, dass deemools aus dem Ministère de l'Economie vum Här Goebbels d'Iddi op-komm wier, fir e Container-Terminal fir Camionen op d'Friche Belval virzugesinn. Ech weess net, ob dat och fir den Här Kralowetz geduecht war.

Parallèl dozou huet och e Groupe de travail fonction-néiert, deen ech hei wëll würdegen, well en ass scho bal vergiess. Dat war de Groupe de travail Linster, fir d'Reval-orisation vun den Héichwien.

Aus deem Groupe de travail Linster ass eng Rei vun inte-ressanten Orientéierungen erauskomm. Et freet ee sech just, wat aus deem Groupe de travail ginn ass.

Ënner anerem ass de Konzept vun der Cité des Sciences aus dësem Grupp ervirgaangen, a well dee Grupp soss ni eng Würdegung kritt huet, soll awer hei gesot ginn, dass fir d'éischte Kéier dee Begrëff "Cité des Sciences" an engem Pabeier vun deem Groupe Linster erwähnt ginn ass. Dat muss een och emol eng Kéier hei soen.

Duerno ass et ganz schnell gaangen, an ech wëll net op déi Geschicht vum éischte Masterplang bis haut 2002 agoen. Ech wëll just nach an déi Geschicht areien, dass mir am Mäerz 1999 schonn eng Proposition de loi zum Site Belval agereecht hunn, nämlech dat wat um Site Belval soll passéieren, wann emol bis déi pharaonesch Bauten do solle realiséiert sinn.

Ech kommen dann zum Projet de loi selwer ze schwätzen. Dee Projet de loi reit sech jo grosso modo an d'Logik vun der Broochendynamik an. Nodeem d'Etüden ofgeschloss

sinn, soll eng Entwécklungsgesellschaft gegrenzt ginn. Ech ka mech erënneren, dass fréier nach philosophesch driwwer diskutéiert ginn ass, ob ee soll eng fir de ganze Süden oder eng pro Site virgesinn. Déi Diskussioun ass jo och nach net ganz ofgeschloss.

Et handelt sech hei, wéi gesot, ëm en historeschen a pharaonesche Megaprojet vun enger Milliard Euro. Mir fannen och déi Logik, all déi öffentlech Investitiounen an enger kohärenter Rumm, also an engem Etablissement public, duerchzezéien, nëmme richteg.

A wann ech mer d'Lëscht vun de Gebaier ukucken, si mir eigentlech och grosso modo mat der Prioritéit vun deene Gebaier, déi do solle gebaut ginn, averstanen.

Och d'Siten am Kader vum Coenen-Schema si mat lichten Ofstrécher ze akzeptéieren. Et kann een natierlech ëmmer erëm kleng Kriticken a Modifikatiounen virschloen. Mir hätten zum Beispill léiwer de Kino an d'Rockhal op enger zentraler Plaz gesinn. Mir hätten och vläicht méi eng originell Affektatioun vun der Gebléishal gesinn.

Et hätt een och kënne léiwer de Lycée méi no bei der Cité des Sciences gesinn, a virun allem, an dat ass meng perséinlech Meenung, hätt ech léiwer gesinn déi DEXIA-BIL wier net op der Cité des Sciences, mä am Beräich vun der Square-Mile, wou eigentlech esou Betriber solle sinn.

Et kënnt een och monéieren, dass deen een oder aneren Institut e bësse feel op der Plaz ass, well et ass jo gesot ginn, dass d'Cité des Sciences sech éischter soll op d'Sciences naturelles an op d'Fuerschung orientéieren, an ech froe mech, ob de CEPS-INSTED, deen de Moment jo zu Déifferdeng ass, net besser hätt do ze bleiwen, mat der Chance vläicht nach aner Instituter op aner Siten unzelackelen.

Ech hunn also den Androck, dass hei op Belval huet misse mordikus eng Masse critique erreecht ginn, mä et gi jo och nach aner Broochen. Mir wiere frou, wann et elo scho plus ou moins eng méi équilibréiert Gewichtung tëschent alle Minettssité géif ginn, well herno besteet awer d'Gefor, dass op Belval quasi alles steet an déi aner Frichë just nach Grimmelen ofkréien.

Trotz deene Reservë si mir grosso modo mat der Ausrichtung vun deem Projet de loi averstanen a mir hätten am Prinzip deem Megaprojet och ons Zoustëmmung kënne ginn. Mä natierlech ginn et iwwerall Hoer an der Zopp. Keng Medail ouni Récksäit, a fir eis gétt et haaptsächlech ee Problem. Dat ass dee vun der Participatioun vun de Bierger a Biergerinnen a vun de Gemengen.

Et muss een awer erëm eng Kéier positiv soen, dass säit 1999 den zoustännige Minister Wolter bal e billerbuchméissegt Virgoen an deem Dossier un den Dag geluegt huet. Vun Ufank u sinn d'Gemengen implizéiert gi mat

Seminairen a mat Comités de concertation. Den Aménagement vun de Projekte war transparent. De Minister Wolter huet sech souguer dem Projet Kohnen gebeugt, obwuel e fir déi aner Optioun Preferenzen hat. Biergerversammlunge goufen oft an intensiv ofgehalen a souguer d'Parlament - wat jo net ëmmer ganz üblech ass bei dëser Regierung - ass regelméisseg informéiert a konsultéiert ginn. Jee, et ass alles ganz anescht erselaf wéi bei deem historesche Beispill, dat schonn oft zitéiert ginn ass, nämlech um Kierchbierg.

Allerdéngs menge mir, dass elo, no dräi Joer Success story, fir der Mme Mutsch hir Ausso erëmmehuelen, d'Schëld vun der Participatioun en éischte Gréngespoun krut. Mat deem Projet ginn d'Gemengen, déi bis elo intensiv implizéiert waren, Zaungäsch, Bierger a Biergerinnen si ganz fort, si hunn hir Pflicht als gedëlleg Nolauschterer gemaach an déi Forces vives, déi hätte sollen implizéiert sinn, si bei deem Projet vum Dësch an dat besonnesch bei deene wichtege Strukturen, nämlech do wou et ëm de Beaf geet, nämlech am Conseil d'administration an natierlech och um Büro vum Etablissement public.

Meng Enttäuschung ass doriwwer ëmsou méi grouss, well ech hat am Mee 2000 eng Motioun hei déposiert, déi eestëmmeg ugeholl ginn ass a wou, ech zitieren, et folgendermoossen heescht: "...invite le Gouvernement à prévoir des mécanismes institutionnels réussissant à impliquer les différentes communes dans les prises de décisions formelles relatives à l'aménagement des friches industrielles sises sur le territoire communal." Ech ginn dovunner aus, dass déi Prises de décisions formelles net d'Baugenehmigung oder PAGe sinn, well dat brauch een net an eng Motioun ze setzen, dat ass jo souwiesou banal, also hätt dat implizéiert, dass ee schonn d'Gemengen am Virfeld mat géif abannen.

Ech hunn nach eng Kéier hei nogekuckt am Bericht, wat de Minister Wolter zu där Motioun gesot huet: "Et ass eng Motioun, déi ganz vill Concertatioun, déi mer an deene leschte Méint gefouert hunn, zréckspigelt, déi mir och sécher nom 31. Mee, wann et zu der Virstellung vun der Regierung zu deenen dote Sujete komm ass, och nach sécher weider verdéiwe kënne, mä et geet op alle Fall an déi Richtung, déi mir kënne akzeptéieren." Duerfir ass déi Motioun deemools eestëmmeg ugeholl ginn.

Duerfir war ech effektiv zimlech enttäuscht wéi déi Amendementer, déi ech ausféierlech an der Kommissioun presentéiert hunn, mat Argumenter, déi zimlech dürftig waren, réfutéiert gi sinn. Do huet de Minister haaptsächlech gesot, hie géif jo net an d'Gemengeréit sëtze goen, also bräichten d'Gemengen net a sengem Etablissement public ze sëtzen. Ech hunn awer gemierkt, dass net all d'Membere vun der Kommissioun, och vun der Majoritéit, schrecklech dovun iwwerzeegt waren, well ech hunn nach ni an enger Kommissioun d'Hänn vun de Majoritéitsverrieder esou zögerlech



gesinn an d'Luucht goe wéi dee Moment, wou se hu missen eis Amendementer ofblocken. Ech denken, dass im Nachhinein dem Minister Wolter keng Zack aus der Kroun gefall wär, wann en déi Amendementer ugeholl hätt. Ech denken, dass et fir den Etablissement public nëmme Gewënn bréngend gewiescht wär.

Well wat kann elo geschéien, wann an dem Conseil d'administration eng Entscheedung fält, wou d'Gemengen net a priori implizéiert waren? D'Gemenge stinn ënner Zugzwang. Si müssen engersäits d'Baugenehmigung ginn, anerersäits müsse si virun der eegener Bevölkerung fir eng gewësse Politik, déi op hirem Terrain stattfënnt, riicht stoen. A wann zum Beispill eng zweet Dexia wëllt e Gebai dohinner oprichten, wat immens vill Aarbechtsplaze bréngt, wat awer vläicht net an d'Konzept vun der Gemeng passt, da gëtt et fir eng Gemeng immens schwierig im Nachhinein, ier se konnt de Projet vläicht an eng richteg Richtung influencéieren, un den Entscheedungen deelzehuelen.

Natierlech muss ee soen, dass dat heiten déi öffentlech Aariichtunge betrëfft, mä och an den öffentlechen Aariichtunge kann et op eemol zu Modifikatiounen kommen, wou et awer nützlich ass am Virfeld present ze sinn. Ech denken nëmmen un den Itinéraire vun der Rockhal, déi jo mindestens schonn dräi, véier verschidde Sitë matgemaach huet.

Ech sinn duerfir nach ëmmer der Meenung, dass et besser gewiescht wär, dass d'Gemengen an de ProSud hei an dësem Verwaltungsrot present gewiescht wären. Ceci d'autant plus, wou éischters de Statsrot sech jo genau wéi mir vehement dogéint gewiert huet, dass do dräizéng Fonctionnaires aus zwielef verschidde Ministère sëtzen, well do muss ee jo awer soen, dass de gréissten Deel vun deene Fonctionnaires, déi do sëtzen, mat dem Site selwer net vill um Hutt hunn an eigentlech just dat ofseenen, wat de Leithammel, deen dann do den Haaptresponsablen ass, hinnen diktéiert. Et war ganz richtig, dass de Statsrot do säin Asproch ageluegt huet.

Bei eiser Propos hätt sech jo un der Dominanz vun de Pouvoirs publics näischt geännert, well an engem Conseil d'administration vun engem Etablissement public sinn normalerweis Verrieder vun der Regierung oder vun der Administratioun an der Majoritéit. An eiser Proposition wären nach ëmmer siwe vun dräizéng Leit aus der Administratioun gewiescht an déi aner sechs hätte sech ebe gläichméisseg verdeelt op zwee Verrieder vun deenen zwou Gemengen, zwee Verrieder vum Syndicat ProSud an zwee Verrieder vun de Forces vives vum Süden, well mir mengen, dass onofhängeg Perséinlechkeeten, déi sech an der Vergaangenheet vill fir de Süden agesat hunn, e Recht hunn, un esou wichtege Prozesser deelzehuelen.

A well mir nach ëmmer der Meenung sinn, dass déi Amendementer richtig sinn, wäert ech déi elo nach eng Kéier zum Vote déposéieren.

### Amendement 1

*L'article 4 du projet de loi est amendé comme suit:*

*Art. 4. - (1) L'Etablissement est géré par un conseil d'administration composé de treize membres.*

*Sept membres représentant l'Etat, dont un représentant au moins du ministre ayant dans ses attributions les Travaux publics, sont nommés par le Grand-Duc sur proposition du Gouvernement en conseil.*

*Deux membres représentant respectivement les communes d'Esch/Alzette et de Sanem sont nommés par le Grand-Duc sur proposition des conseils communaux des deux communes citées.*

*Deux membres représentant le syndicat intercommunal "ProSud" sont nommés par le Grand-Duc sur proposition des instances dirigeantes du syndicat intercommunal "ProSud".*

*Deux membres représentant la société civile de la région sont nommés par le Grand-Duc sur proposition des instances de décision du syndicat intercommunal "ProSud".*

*(2) inchangé*

*(3) à biffer*

*(4) (nouveau 3) - Le président du conseil d'administration est déterminé par vote majoritaire par les membres du conseil d'administration.*

*(nouveau 4) - Le conseil d'administration s'entoure dans ses travaux du comité de concertation entre l'Etat et les communes d'Esch/Alzette et de Sanem. Le comité de concertation constitue la structure d'accompagnement qui s'occupe de la concertation permanente des démarches pratiques sur le terrain. Il assiste le conseil d'administration et le Bureau de l'établissement public dans la mise en œuvre pratique de leurs grandes orientations et dans la gestion journalière.*

*(nouveau 5) - Le comité de concertation, en accord avec le conseil d'administration, procède à la mise en place de comités d'accompagnement de la société civile pour des aspects spécifiques du développement du site de Belval-Ouest. Ces comités à mission consultative peuvent donner des avis sur des aspects du développement de Belval-Ouest en particulier et le développement de la région en général.*

*La composition, la constitution et les missions de ces comités d'accompagnement sont déterminées par règlement interne à prendre par le conseil d'administration de l'Etablissement.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

### Amendement 2

*L'article 7 est amendé comme suit:*

*(1) - inchangé*

(2) *Le Bureau est composé de cinq membres du conseil d'administration. Trois membres, dont le président, représentent l'Etat, deux membres les deux communes d'Esch/Alzette et de Sanem respectivement.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Ech wëll awer parallell, well ech jo awer domat rechne muss, dass déi Amendementer net ugeholl ginn, eng Motioun déposéieren.

**Une voix.**- Dir sidd Realist.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Jo, et ass: "Wise men change their minds, fools never."

## Motion 2

*La Chambre des Députés*

- *saluant les efforts du Gouvernement dans la mise en œuvre d'une stratégie globale pour la reconversion des anciens sites sidérurgiques du sud du pays;*
- *saluant l'envergure et l'orientation des investissements publics sur le site de Belval-Ouest;*
- *soucieuse que l'implication des deux communes dans le développement de Belval-Ouest continue de se situer également en amont des ultimes décisions des conseils communaux en matière d'autorisations à bâtir;*

*invite le Gouvernement*

- *à continuer d'associer activement les communes d'Esch/Alzette et de Sanem dans le processus de développement de Belval-Ouest, notamment par le biais d'un comité de concertation;*
- *à prévoir des mécanismes participatifs visant à impliquer les habitants et habitantes des communes concernées dans les processus de discussion et de planification relatifs à des projets d'aménagement sur le site de Belval-Ouest ainsi que sur d'autres friches à développer.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Da wëll ech nach eng Motioun déposéieren, dass trotz deem Refus d'Regierung soll mat deem weiderfuere, wat se bis elo gemaach huet, nämlech déi Comité de concertation, déi se bis elo walte gelooss huet, dass déi weidergefouert ginn. Et ass e bëssen dat, wat d'Mme Mutsch an där Motioun, déi si beaflosst huet vun der Majoritéit, erabruucht huet.

## (Interruptions diverses)

Ech wëll awer och, an dat ass den zweete Punkt, duerfir geet eis Motioun e bësse méi wäit, dass d'Awunner an d'Awunnerinnen aus de Gemenge kënnen weider un deem Entscheidungsprozess deelhuele, och wa si her-

no net déi endgültig Entscheidung mat kënnen huelen, mä dass se zumindest am Virfeld bei der Planificatioun a bei der Diskussioun kënnen implizéiert sinn.

Ech kommen nach zu engem zweete Problem, dee mer mat dem Gesetz hunn, deen awer net elo zu eiser Ent-halung gefouert huet - dat ass also just deen éischte Punkt gewiescht -, dat ass dee Problem vun der Ges-tioun. Bauen ass eng Saach an déi Bauten herno géréi-eren ass eng aner. Mir hate jo hei eng Kéier eng Motioun eestëmmeg ofgestëmmt, dass, wann ee Bauprojeten hei virleet, een direkt soll de Projet de gestion mat-liwweren.

Elo ass et natierlech esou, dass et hei jo eenzel Projete ginn, déi wahrscheinlech da mussen e separate Ges-tiounsprojet pro Etablissement kréien. Et ass awer gesot ginn, dass ee soll dofir suergen, dass et net wéi um Kierchbiere ass, dass all déi Etablissements parallell nieftenee funktionéieren, mä dass déi öffentlech a vläicht souguer déi privat oder déi mixte Institutione sollen op deem Site iergendwéi an enger incorporated identity matenee schaffen.

De Statsrot ass och där Meenung, well ech zitieren aus senger Introduction vun sengem Avis: "La mission de l'établissement public sous avis se limite toutefois aux aspects de planification, construction et aménagement de l'ensemble, la fonction de gestion incombant à un autre organisme qui reste à créer." Dat heescht de Statsrot ass explicite dofir, fir een Organisme ze schafen, dee soll en Daachverband quasi vun der Gestiou vun deenen eenzelnen Institutionen duerstellen.

Do wëll ech drun erënneren, dass mir schonn am Joer 1999 eng Proposition de loi hei déposéiert hunn, d'Proposition de loi 4539, déi e Groupement d'intérêts économiques ënnert dem Titel "Société de gestion de l'espace Belval" virgesinn huet. Mir fuerderen dowéinst d'Regierung op, sech vläicht dorunner ze inspiréieren, awer och an a kierzester Zäit eng Proposition ze maachen, fir déi Aktivitéiten, déi sollen um Site Belval ënnert öffentlecher Regie stattfannen, ënnert e ge-wëssenen Hutt ze bréngen, dass net herno all déi Insti-tutione separat funktionéieren, wéi dat jo schonn um Kierchbiere de Fall ass. Ech wëll an deem Sënn eng Mo-tioun hei déposéieren.

## Motion 3

*La Chambre des Députés*

- *vu l'envergure des investissements publics sur le site de Belval-Ouest;*
- *soucieuse que les équipements de l'Etat prévus sur Belval-Ouest pourront fonctionner dans un cadre commun correspondant à l'identité du site et sauront*

*impliquer également des structures privées, comme le complexe cinéma;*

- *considérant la proposition de loi 4539 qui suggère la création d'un groupement d'intérêt économique "Société de gestion de l'espace Belval";*

*invite le Gouvernement*

- *à faire élaborer, le cas échéant sur le modèle de la "Société de gestion de l'espace Belval", un concept visant à créer un organisme assumant la part de gestion commune des structures publiques sur le site Belval-Ouest, cet organisme pouvant également impliquer différentes structures privées à caractère socio-culturel.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Deen drëtte Problem, dee mer mat deem Gesetz hunn an haten, ass schonn hei des Längere beschriwwen ginn, nämlech dee vun der Extensioun op aner Frichen.

#### **(Interruptions diverses)**

Ech muss leider souguer meng eege Leit heiansdo e bëssen zur Uerdnung ruffen.

#### **(Hilarité)**

Mir haten déi akademesch Diskussioun, ob een elo pro Site oder global fir all d'Siten eng Entwécklungsgesellschaft virgesäit. Mir mengen natierlech et wär méi rationell, eng eenzeg Entwécklungsgesellschaft fir all Siten ze hunn. Wann d'Majoritéit éierlech ass, war se vu vireran der Meenung vun der LSAP. Ech hunn et deemools traureg fonnt an ech fannen et haut nach traureg, dass een net huet kënnen e Saz, deem d'Mme Mutsch jo proposéiert hat, an de Projet de loi afügen.

Ech mengen déi Motioun hei, sou gutt se gemengt ass, a mir hu se jo mat ënnerschriwwen, ass awer eigentlech nëmmen e kümmerlechen Ersatz fir dat, wat eigentlech eng ganz gutt Propositioun vun der LSAP war. Ech hu mech awer gefrot, firwat dass d'LSAP trotzdeem dee Projet hei ka stëmmen, mä dat ass net mäi Problem. Vlächts war se ze vill laang an der Sonn an der leschter Zäit.

#### **(Hilarité et interruptions diverses)**

De Minister huet Pabeieren iwwert déi nächst Sitë virgeluegt. Et ass scho gesot ginn, dass bei deene meeschte Siten nach net ganz schrecklech vill Klorheet herrscht.

**Une voix.-** Dir stëmmt e jo och, Här Garcia!

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Mir stëmmen de Projet net. Mir enthalen eis. Dat hunn ech jo gesot. Keng Panik. Mir bleiwen eis wéi ëmmer zimlech konsequent.

**Une voix.-** Dir hutt eng flott Meenung. Dir enthaalt lech.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Mir hunn eng Kéier an der Kommissioun vum Minister virgedroe kritt, wéi wäit

dass d'Etüden op deenen anere Sitë fortgeschratt wäeren. Dat war awer alles net esou schrecklech iwwerzeegend. Souguer op Terre Rouge, wou jo scho ganz vill ënnersicht ginn ass a gebuddelt ginn ass, steet ausser engem Lycée nach net schrecklech vill fest. D'Gemeng huet schonn hir éischt Pilonen do gesat, fir e Kulturzentrum dohinner ze setzen.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass mir am Mäerz 1999 eng Proposition de loi iwwert e Campus universitaire européien op dem Site vum Terre Rouge proposéiert hunn. Ech denken, dass déi nach ëmmer kéint valabel sinn an ech wäert souguer an deem nächste Projet haut den Owend nach eng Kéier dorobber zrëckkommen.

Och op anere Sitë missten awer esou lues e bëssen Neel mat Käpp gemaach ginn, well soss konzentréiert sech net nëmmen d'Öffentlechkeet, mä och de Zèle vun dem Etablissement public a vun deenen anere Leit ze vill op de Site Belval. Et entdeckt een ëmmer nei Potenzialitéiten. Ech war selwer eigentlech ganz erstaunt, dass d'Lëtzebuurger Natur- a Vulleschuttliga sech agesat huet fir de Site "op der Fonderie" oder "à la haute Saule" zu Rodange, well ech hunn effektiv gemengt, dass eigentlech just déi eefle ha, déi an der Agiplan-Etüd dra sinn, sech géifen eegene fir eng Reconversion.

Ech hu mech awer vun den Argumenter iwwerzeege gelooss, datt een eigentlech misst dee Site a senger Gesamtheit kucken, besonnesch well déi Bausubstanz, déi ech selwer ënnerschätzt hunn, awer esou interessant ass, dass ee misst an eng Richtung goen, fir dee Site méttelfristeg ze reconvertéieren an enger Affectation mixte zouzeféieren. Duerfir hunn ech an deem Sënn eng Motioun hei preparéiert, déi ech wäert dem héijen Haus hei virleeën.

#### **Motion 4**

##### *La Chambre des Députés*

- *saluant la volonté du Gouvernement d'entamer, après le site Belval-Ouest, la reconversion d'autres anciens sites sidérurgiques du sud du pays, suivant l'échéancier approximatif établi dans le document "Etat d'avancement du dossier des friches industrielles" présenté au Parlement le 6 juin 2002;*

- *constatant, pour ce qui concerne le site de Rodange, que la surface à développer concerne, suivant l'étude Agiplan, uniquement 11,5 ha, alors que la surface totale du site dit "op der Fonderie" couvre plus de 50 ha;*

- *constatant les propositions intéressantes soumises par la "LNVL" en vue d'une utilisation mixte du site global "A la Haute Saule" ou "op der Fonderie" à Rodange;*

*invite le Gouvernement*

- *à étudier la possibilité d'étendre la reconversion du site Rodange à la plus grande partie de la friche dénommée "A la Haute Saule", permettant le cas éché-*

*ant d'utiliser un maximum de bâtiments issus de l'ère industrielle;*

- à faire élaborer un concept d'utilisation et de mise en œuvre de la friche "A la Haute Saule" en concertation avec la commune et l'Agora.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

E leschte Punkt an dee geet dann nahtlos hei an dat, wat ech gesot hunn, iwwer, dat ass den Aspekt vum Naturschutz.

Mir hunn hei an der ganzer Diskussioun ronderëm d'Broochen haaptsächlech iwwer ekonomesch, sozio-kulturell a rekreativ Strukture geschwat. Mir hunn iwwer Verkéiersmëttelen, öffentlecher a privater, geschwat. Mir hunn awer ganz wéineg iwwert den Naturschutz geschwat. Et muss een awer gesinn, dass iwwer 80% vun deem, wat ee kann als Industriebrooche bezechnen, eigentlech al Dagesbaugebidder sinn, déi eigentlech missten zum gréissten Deel geschützt ginn an déi och wäerte geschützt ginn.

Allerdéngs muss een do iergendwann eng Kéier e kohärent Konzept virleeën. Mir hate scho virun e puer Joer proposéiert et soll een an d'Richtung goe vun engem Parc naturel transfrontalier, deen net nëmmen naturschützeresch kéint exploitéiert ginn, mä och fir d'Fräizäit a fir den Tourismus genotzt kéint ginn, well et si ganz vill auslännesch Visiteuren, déi op Brooche ginn, déi soen, dass dat en enormt Potenzial wär fir e regionalen an internationalen Tourismus. Mir hatten an eiser Proposition de loi vun 1997, wou mir jo schonn de ProSud proposéiert hatten, also e Syndicat intercommunal, virgeschloen direkt an deem Syndicat intercommunal eng professionell an homogène Parkadministratioun virzegesinn, déi déi gesamt Gebidder zwëschent Diddeleng a Rodange géif géréieren. Mir hoffen, dass et an nächster Zäit an där Richtung zu engem Initiativ kënnt.

Mä och op deene Broochen, déi de Moment elo solle réaménagéiert ginn, ginn et eng ganz Rei vun naturschützeresch wäertvolle Biotopen. Et ass natierlech kloer, dass net all Zréckeruewerung vun der Natur op de Brooche kann erhale ginn, mä mir fannen et awer wichtig, a genau wéi d'Natur- a Vulleschuttliga dat scho gesot huet, dass ee soll kucken, wat op deenen eenzelne Siten nach kann erhale ginn. Dat gëllt virun allem fir Déifferdeng, wou e ganz grousst Potenzial gëtt, mä och fir Belval, Éilereng, Rodange etc.

Mir hunn eis soe gelooss, dass Enn 2001 am Optrag vun der Forstverwaltung eng Etüd an Optrag gi ginn ass, déi heescht "Espaces naturels dans les friches industrielles". Mir hunn awer vun där Etüd weider näischt méi héieren. Ech hu mer just soe gelooss, dass dat eng Préetüd wär, wou emol e Répertoire opgestallt ginn ass vun alle Siten, déi souwuel an den Dagesbaugebidder wéi an den eigentleche Friches industrielles schützenswäert wäeren.

Ech wär awer ganz interesséiert, dass déi Etüd géif aus dem Tirang, wou se elo eben ëmmer läit, erausgeholl ginn, dass mer eis emol e bësse kënnen ukucken, wat et vu schützenswäerte Biotopen op den eenzelne Frichë gëtt, an dass da vläicht d'Regierung an enger zweeter Phas higeet an e bësse méi eng detailléiert Studie iwwert déi Espaces naturels ufäerdege léisst. Ech géing an deem Sënn eng véiert Motioun hei déposéieren.

## Motion 5

### La Chambre des Députés

- saluant la volonté et les efforts pour réconcilier, lors de l'aménagement des friches industrielles, les différentes composantes de l'habitat, des activités économiques, sociales et culturelles et de la protection de l'environnement;*
- constatant que la majeure partie des friches industrielles sont constituées de terrains naturels ou forestiers sis sur d'anciennes mines à ciel ouvert et que ces surfaces devraient prioritairement être protégées comme espaces naturels et être exploitées dans une option de villégiature et de tourisme;*
- constatant également que les friches industrielles proprement dites contiennent souvent des espaces naturels et biotopes dont la protection serait souhaitable même dans le cadre d'un aménagement mixte;*
- saluant le fait qu'un premier inventaire a été fait dans le cadre d'une étude "Espaces naturels dans les friches industrielles" commanditée par l'Administration des Eaux et Forêts;*

*invite le Gouvernement*

- à présenter les résultats de l'étude "Espaces naturels dans les friches industrielles";*
- à affiner sur base de cette première étude l'identification des surfaces prioritaires pour la protection de la nature sur les anciennes mines à ciel ouvert ainsi que sur les anciens sites de l'industrie sidérurgique;*
- à mettre en œuvre une stratégie globale de protection et d'exploitation socio-culturelle et touristique des espaces naturels sur les friches minières et sidérurgiques, le cas échéant par une sorte de plan sectoriel "protection de la nature".*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Zur Konklusioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass, wéi ech scho virdru gesot hunn, fir eis zimlech onbefriddend, wann ee sech bei engem Projet, deen ee kann zu 90% voll ënnerstëtzen, muss enthalen, well e klengen, awer wichtigen Detail net stëmmt. Allerdéngs muss ech soen, dass déi Problematik vun der Participatioun vun de Gemengen, awer och vun de Biergerinnen a Bierger symptomatesch ass fir e gewësse



Paradigma, an deem sech déi verschidde Parteien heibannen an deem ganze Gewulls ronderëm déi mystesch politesch Mëtt nach glécklecherweis ënnerscheeden.

Fir ons Gréng ass d'Participatioun vun de Bierger a Biergerinnen net eng Spillwiss, fir am Virfeld vu politeschen Décisiounen nach en Alibi vun Demokratie ze weisen oder just fir de Bols vum Vollek ze fillen, fir ons gehéiert d'Participatioun zu alle politesche Prozesser vum Ufank bis zum Enn. Ech hätt mer gewënscht, dass de gudde Start ronderëm d'Frichendynamik zu engem selbstverständleche Reflex bei de Responsablen hätt kënne féieren.

Ech wënschen zwar, dass de Prozess vun der Reconversiouen zu Belval an op anere Sitë ka gutt iwwert d'Bühn bruecht ginn. Ech fäerten allerdéngs, dass bei der éischter Kéier, wou eng Biergerinitiativ vun der Regierung kritt: "Je n'ai plus rien à vous communiquer" et eriwwer ass mam ökumenesche Konsens am Süden. Dobäi hätte kënne duerch e relativ harmlosen Zousaz vu Participatioun an deem Gesetz eng enorm psychologesch Plus-value a virun allem e Plus u Planungssécherheet erreecht ginn. Déi historiesch Chance, fir de Geescht vum Kierchbiereg endlech ënnert de Broochen endzelageren, ass hei verpasst ginn. Ech fannen dat schued. Ech fannen et och schued, dass mer eis bei deem Gesetz hei mussen enthalen. Ech soen lech merci.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).** - "Rekonversion der Industriebranchen, aber bitte demokratisch" hunn ech gelies an enger Zeitung an ech fannen, dass dat zimlech genau d'Problematik erëmgëtt.

Nach ni war am Fong geholl déi industriell a wirtschaftlech Entwécklung vun enger ganzer Regioun därmoossen e Géigestand vun der öffentlecher Debatt, wéi dat elo de Fall ass. Mat ville Schwaachpunkten zwar ass eng gemëscht Gesellschaft zwëschent dem Stat an enger grousser Wirtschaftsgrupp opgebaut ginn, déi sech Agora genannt huet - dat ass eigentlech net dee richtegen Ausdrock, well Agora, dat heescht Place publique, mengen ech emol nach ze wëssen, dat ass et jo mat Sécherheet net.

D'Gemenge sinn abezu ginn an deem Diskussionsprozess, souguer an engem gewësse Mooss ass déi vill beschwueren Zivilgesellschaft mat dran agebonne ginn. Et hu Versammlunge stattfonnt, Presentatiounen vu Projeten an esou weider. Et waren also am Fong geholl Bedingungen do fir e bësse méi Demokratie an d'Ekonomie eranzebréngen. No deem Hoffnungsschimmer awer beim Projet Belval schéngt et eis heiansdo wéi wann d'Devis elo erëm wier: Business as usual.

Ech wëll fir d'éischt agoen op d'Fro vum demokratesche Fonctionnement vun deem Gremium, dat soll geschafeginn. Mir hu scho bei der Agora misse feststellen, dass en Iwwergewicht vun der Arbed an deem Gremium war, an dass d'Géigegewiichter haaptsächlech vun de Gemengen Esch a Suessem gebilt gi sinn, déi souguer selwer hu mussen Etüde bestellen, fir iergendwéi en inhaltleche Contrepoids ze hu géint Konzepter, déi op enger anerer Plaz entwéckelt ginn an déi virun allem vläicht méi technokratesch oder méi ekonomesch Interesse vertratt hunn.

Et huet awer e bësse gefeelt u Géigegewiichter aus der Zivilgesellschaft. Dat wier eng Chance gewiescht, wann een do hätt kënne zum Beispill en alternative ronnen Dësch zustane bréngen zwëschent Gewerkschaften, Ëmweltschützer a Biergerinitiativen. Leider ass d'Zäit e bësse wäit fort, fir dat nach zustanen ze bréngen.

### (Interruption)

Ech schwätze jo vu Géigegewiichter. Ech schwätze jo net dovunner, dass déi hätte sollen eng Décisioun huelen.

Elo zum Fonds Belval-West, wat de Géigestand ass vun eisen Diskussiounen haut. Mir fannen, dass dat e klaseschen technokratesche Statsgremium ass och nach iwwerbesat mat Potentaten aus dem Bauteministère a mir fannen net, dass dat dee Gremium ass, deem deem Esprit d'ouverture soll gerecht ginn, deem am Ufank geschéngt huet an deem Projet hei virzeherrschen.

De Statsrot war der Meenung zwar: Et soll keen Etablissement public ginn, mä et soll sech haaptsächlech am Kader vum Ministère ofspillen. Mir deelen do éischter d'Meenung vun deene grénge Kolleegen, dass een hätt sollen dee Gremium hei opmaache fir d'Gesellschaft, fir eng staark Verriedung vun der Zivilgesellschaft, allerdéngs mat enger Bemierkung: Och déi Verrieder därefen net en vase clos schaffen, wéi mer dat zum Beispill beim Rentendësch gesinn hunn, mä déi Verrieder hätte missten am enke Kontakt si mat deenen Organisatiounen, déi interesséiert sinn un der Entwécklung vun deem Projet do.

**Une voix.-** Den Etablissement, wéi eng Roll huet deem ze spillen?

**M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ma déi Roll ze spillen: An engem demokratesche Prozess, no kontradiktoreschen Diskussiounen eng Décisioun ze huelen an Zesummenaarbecht mat der Chamber, déi de gesetzleche Kader dofir festleet. Dat verhënnert awer net, dass Organisatiounen an interesséiert Leit an esou weider mat un deem Diskussionsprozess, am Kär vun deem Diskussionsprozess, bedeelegt sinn. Net nëmmen informéiert ginn op Informatiounsversammlungen. Mä loosst mech elo emol weiderfueren.

Wat nämlech d'Regierung hält vun esou enger Participatioun, dat hu mer jo beim Fall vun der CFL gesinn. Do ass d'Verriederin vum Mouvement écologique ganz demo-

kratesch erausgeflunn. Dat ass d'Meenung vun der Regierung zur demokratescher Participatioun.

### **(Brouhaha général)**

Ech wëll nach eppes soen zur CFL, zum Modell vum Fonctionnement vun der CFL. Et ass jo gesot ginn, wéi mer hei iwwert de Flughafen diskutéiert hunn: De Modell CFL, dat wär och deen, dee bei der Flughafengesellschaft géif ugewannt ginn. Da muss ech awer soen, dann ass en awer net ganz ugewannt ginn, well am Verwaltungsrot vun der CFL, zum Beispill, ass en Drëttel Personalvertrieder vertratt, an déi Leit, déi op der Eisebunn schaffen, sinn alleguerten der Fonction publique assimiléiert. Hei solle mer awer Privatbeamten astellen.

Ech mengen also, dass et aner Forme ginn, och an engem Etablissement public, a fortiori an engem Etablissement public, fir déi betrafte Leit eranzezéien an net auszeschléissen.

Zweetens wëll ech eng Bemierkung hei maachen zu de Relatiounen vun dem Stat mat der Arbed. Eng vun deenen éischten Aktiounen, déi déi Lénk hat, nodeem se gegrënnt war, déi huet geheescht "Fir en Apel an e Stéck Brout". Mir wollten domadder zum Ausdrock ginn, dass d'Arbed hiren Terrain bëlleg kaaft huet virun iwwer 100 Joer, mam Schweess a mam Blut vu Generatiounen vun Aarbechter ass d'Arbed zum Weltkonzern ginn, a mir wollten domadder der Arbed symbolesch deen Apel an dat Stéck Brout erëm iwwerreechen, fir déi se deemools den Terrain ginn haten.

Dat war eise Protest géint deen, leider herno erfollegräiche Versuch vun der Arbed, fir hir Terrainen nach deier un de Stat ze verséiwelen. Mäi Kolleg Bisdorff huet beim Vote iwwert d'Finanzéierung vun der Agora am Juli 2001 hei dee Mechanismus nogewisen, den Här Jaerling huet virdrun och nach eng Kéier dovu geschwat, wéi de Stat hëlleft Broochen ze valoriséieren, andeem en d'Halschent vum Terrain der Arbed ofkeeft fir dräi Milliarden, dann nach fir zwou Milliarde Suen an d'Gesellschaft erabrängt an dann d'Arbed nach eng Kéier zu 50% um Benefiss bedeelegt ass, dat heescht eng Kéier kritt se déi eng Halschent bezuelt an dann ass se nach eng Kéier bedeelegt um Benefiss, dee realiséiert gëtt.

Deen zweete Projet, deen Der elo ofgetrennt hutt vun deem heiten, gesäit datselwecht nach eng Kéier vir, souguer fir déi Terrainen, déi sollten opkaaft ginn, fir dass de Stat do seng Realisatiounen ka maachen. Do soll dann nach eng Kéier - esou ass et emol virgesinn - d'Arbed drop verdéngen.

### **(Interruption)**

Iwwerhaupt wéi ass et mat der Konventioun zwëschent dem Stat an der Arbed? Ech weess net, ob se virläit. De Mouvement écologique huet am Juli 2001 gefuerdert,

déi misst bekannt ginn, do misst vill méi Transparenz dra sinn. Dat ass mengen ech nach net realiséiert. Wéi ass et mat den Altlasten? Wéi ass et mat der Sanéierung? Et héiert ee just, dass alles agepaakt gi wär do op der Plaz, esou wéi beim Ronnebiérg alles agepaakt ginn ass, mä ass dat eng richtig Sanéierung?

Da wëll ech schwätzen iwwert de Risiko, dass déi eventuell sozialekonomesch Entwécklungsvirstellungen, déi ee kéint verbanne mat deem Industriebroocheprojet, duerch privat Interesse riskéieren iwwerlagert an iwwerwuchert ze ginn. Ech wëll d'Beispill huele vun deem ominösen Tuerm vun der Dexia BIL. E géif d'Héichiewe konkurrenzéieren, huet eng Zeitung geschriwwen, wat natierlech awer e bësse wäit hiergeholl ass, well déi Héichiewe kann ee jo net méi ekonomesch konkurrenzéieren.

Awer d'Fro ass, ob net doranner de Symbol vun enger neier protzeger Dominanz ze gesinn ass vun engem neie monolithesche Wirtschaftszweig, dee jo angeblech dezentraliséiert gëtt, sech awer a Wierklechkeet erëm eng nei Zentralisatioun do mécht op der Plaz. Ech hu gelies, d'BIL géif iwwerall elo hir Administratiounen zoumaachen an da géife se alleguer dohinner kommen. Et solle 5.000 Aarbechtsplaze geschafe ginn. Anscheinend solle riseg intern Verkafsflächen innerhalb vun deem Dexia-BIL-Komplex do entstoën. Ech wëll emol vläicht d'Mme Ministesch froen, ob déi esou stëmmen, déi Informatiounen, déi ech hunn.

An ech froe mech, wat fir Auswierkungen dat Ganzt huet op d'Präisser um Wunnengsmaat oder op d'Mixitéit vun deene Wunnebidder. Wat gëtt ënnerholl, fir dass déi Wunnebidder eng sozial gemëschte Struktur hu mat akzeptable Baupräisser, och fir déi Leit, déi elo do wunnen am Minett? Wat gëtt gemaach fir de soziale Wunnengsbau zum Beispill do ze fördern? A wéi wëllt de Stat erreechen, dass Aarbechtsplaze geschafe gi fir déi Leit, déi elo do wunnen? Dorënner sinn eng ganz Partie Aarbechtsloser. Esch huet e ganz héije Prozentsaz vun Aarbechtslosegkeet.

Wann ech liesen et sollen - dat ass ganz konkret dann - Brutkästen an Zäre fir Start-ups do opgeriicht ginn, da froen ech mech: Geet dat dann duer? Ginn déi strukturell Problemer vum Süden eleng mat engem Silicon Valley geléist? Geet et duer, fir eng nei Entrepreneursmentalitéit do waach ze këddelen? Dat läit zwar vläicht am Geescht vun der Zäit, mä wéi ass et mat der Empfindlechkeet a mat de Problemer vun de Leit, déi do schaffen? Wéi ass et mat deene groussen Traditiounen, grad op deem geschichtsträchtegen Hannergrond? Ech froe mech, ob do en Industriemuseum duergeet? D'sozial Errungenschaften si jo bekanntlech all Dag an der Praxis erkämpft ginn op der "Uni Belval", wéi de President gesot huet, dee wahrscheinlech besser weess wéi déi meescht vun eis, wéi dat eng Kéier war.

Ech froe mech, ob niewent där Start-ups-Mentalitéit do net vill méi déi Wäerter vun deene Leit, déi schaffe ginn, missten an de Vierdergrond geréckelt ginn. Ech wëll net vun engem Melodrama ëm de roude Buedem hei faselen, mä hir Rechter, hire Stolz, d'Wäerter an der Gesellschaft ze schafen oder och zum Beispill hir Naturverbonnenheet, déi ëmmer en Element war, och an der sozialer Bewegung: Wéi ass et mat deene Froen? Huet do net de Süden eppes ze bidden? Huet de Süden net do alternativ Wäerter ze bidden?

Heiansdo schéngt et mer nämlech wéi wann d'Mentalitéit an de Grondtoun vun deem Projet hei eng technokratesch Yuppie-Lifestyles-Mentalitéit wier, déi net vill mat der Realitéit vun deem vill beschwuerene Süden ze dinn huet.

Eng weider Fro, déi ech wëll opwerfen - déi ass scho vun anere Säiten hei komm -, dat ass déi vun der Zentraliséierung um Site Belval zu Ongonschte vu bestehenden urbanen Zentren zu Esch oder aneren Uertszentren, zum Beispill zu Bieles.

Wat ass mat deenen anere Frichen? Bleiwen do nach genügend Mëttelen an Energien, och beim Stat, wat d'Ënnerstëtzung vun deenen interesséierte Gemengen ugeet, fir do Projekte weiderzedreiwen? Ech schwätzen elo net vun esou Fumisterien hei wéi eng Golfplaz. Ech wëll dat emol einfach iwwerhéiert hunn, wat do gesot ginn ass.

Ech fäerten, och wann dat hei wäert bestridde ginn, eng Sogwierkung op Belval zou, an eng Verwüstung vun den Uertschafte ronderëm, Här Sunnen. Ech mengen, dat si ganz konkret déi Problemer, déi sech stellen an deene Südgemengen, déi vum Projet betraff sinn.

### **(Interruptions diverses)**

Dann nach e lescht Wuert iwwert d'Gemegefinanzen: Hei misst et eiser Meenung no zu engem Accord kommen zwëschent de Gemenge Suessem an Esch, wat d'Gewerbsteier ugeet. Et ass jo ze begréissen, dass d'Gemeng Suessem d'Gewerbsteier ugepasst huet, wéi dat iwwregens vun eis jorelaang verlaangt ginn ass an obschonn d'Regierung jo do dergéint ass, un d'Taxen zu Esch. Dat ass elo eng gutt Basis, fir eng kohärent a gemeinsam Gewerbesteierpolitik ze maache vun deenen zwou Gemengen, well ech menge grad dat Beispill vun de Friché weist firwat eng Gewerbesteier do ass.

Déi Gewerbesteier ass do, fir dass Dexia BIL sech och un deenen héichen Infrastrukturkäschten adequat bedeelegt, déi op d'Gemengen ouni Zweifel an deenen nächste Jore wäerten zoukommen.

**M. le Président.-** Här Urbany, erlaabt Der eng kleng Interventioun vum Här Sunnen?

**M. Serge Urbany (déi Lénk).** - D'accord, Här President.

**M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.-** Här Urbany, ech mengen, Dir hutt net mat Ärem Kolleeg Bisdorff geschwat, well deen huet nämlech virun e puer Méint

gesot, hie wär der Meenung, dass déi Steieren, déi d'Gemeng Suessem kréich, hir misste gestrach ginn, well elo keng Aktivitéit méi do wär.

Dir musst oppassen, wat Der sot. Dir sidd an engem Veräin, deen net vill Memberen huet, mä déi eppes do riwwer aussoen, déi soe géigesätzlech Saachen. Den Här Bisdorff huet de Géigendeel gesot.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Abee, da muss ech emol den Här Bisdorff froen. Eise Veräin ass awer qualitativ ganz héich besat a mat ganz wichtege Memberen, déi och eppes ze soen hunn. Grad den Här Bisdorff huet hei an der Chamber bewisen, dass e villes ze soen hat an och vill Kriticken unzébréngen hat grad bei dësem Projet, an zwar an déi Richtung, déi ech virdru gesot hunn.

### **(Interruptions diverses)**

**M. le Président.-** Loosst de Riedner virufueren, en ass amgaang de Schluss vu senger Ried unzegoen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wou wësst Dir dat dann, Här President?

**M. le Président.-** Ech gesinn déi ofgelafe Riedezäit op mengem Computer.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ech si jo och dofir ënnerbrach ginn, fir dass ech mäi Point de chute net ka fannen.

Eng weider Fro, déi sech hei stellt, dat ass déi, wien an déi Industriezon zum Beispill de Gas liwwert, d'Waasser, d'Elektrizitéit. Hei sollten déi bestehend Réseau bevirzucht behandelt ginn, déi sech an öffentlecher Hand befannen. Zum Beispill d'SES, SUDGAZ, d'Elektrizitéitswierk vun Esch. Et ass eng Fro, déi an der Diskussioun steet. Dat ass erëm eng Kéier eng Méiglechkeet, fir déi eenzel Gemengen an hir Syndikater ze bedeelegen.

Eng lescht Fro hätt ech nach gehat un d'Mme Ministesch, well se jo och d'Qualitéit huet vun der Ministesch vum Enseignement supérieur, eng Fro, déi d'Uni Lëtzebuerg betraff hätt, mä do hu mer elo héieren, dass de Projet soll déposiert ginn. Ech wäert deen dann ënnersichen, wann et emol esou wäit ass, och wann ech léiwer gehat hätt, e wär virdrun deposiert ginn, fir dass een dat hätt kënnen an d'Diskussioun vun dësem Projet abezéien.

Ech krut gesot, meng Zäit wär ofgelaf. Ech halen op a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet. Ech wäert mech bei dësem Projet enthalen, obwuel ech prinzipiell fir dese Projet sinn.

### **(Hilarité)**

Ech hunn däitlech zum Ausdrock bruecht, dass ech prinzipiell eng positiv Haltung dozou hunn, dass de Stat sech amëschet an d'Industrialiséierung vum Süden an net der fräier Wirtschaft d'Hand komplett iwwerléisst, esou wéi Dir et normalerweis fuerdert, Dir Dammen an Dir Hären vun der Demokratescher Partei. Et gétt awer genügend

Schwaachpunkten an dësem Projet - déi ech opgezielt hunn-, déi mech éischter derzou bewegen, fir mech ze enthalten.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mat de Mercien ufänken. Dem Rapporteur an der Kommissioun vun den Travaux publics soen ech merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Ofwécklung vun dësem Projet. Ech soen och de Regierungsmemberen, déi zoustänneg si fir den Transport, den Intérieur, den Aménagement du Territoire an och dem Finanzminister merci.

Et ass bei dësem Projet wichteg, dass e konnt zesummen elaboréiert ginn. Dat wär net méiglech gewiescht ouni d'Mataarbecht vu ville fläissege Beamten. Ech wëll och hinne meng Unerkennung an e Merci soen, well et sinn Der do, déi méi wéi eng 40-Stonnewoch gemaach hu während där Zäit, wou mer un dësen Texter geschafft hunn.

Da muss ech soen, Här President, dass ech mengen, hei wär eng ganz grouss Konfusioun an der Debatt opkomm. Hei gétt gemengt, et géif en Etablissement public geschafe ginn, dee fir dee ganze Site, fir alles, zoustänneg wier, wougéint dat jo awer net richteg ass. Hei gétt en Etablissement public geschafen, dee fir déi staatlech Gebaier soll kënne Bautätegkeeten organiséieren, dee soll kënne Projekte virbereeden an dee soll esou séier wéi méiglech kënne ufänke mat schaffen. Dofir ware mir och Demandeur, fir de Projet nach virun der grousser Vakanz gestëmmt ze kréien.

Dat heescht all déi, déi mengen, hei wär e Gremium, fir grouss matzeschwätzen iwwert déi Décisiounen, déi op deem ganzen Développement vum Site geschéien, déi hu sech un der Adress geiert, well et wäerte selbstverständlech fir all Bauprojeten, déi kommen, bei de Gemenge Baugenehmegunge gefrot musse ginn. Et musse Lotissementspläng an de Gemenge gestëmmt ginn, wou d'Gemengen ergo um laangen Hiewel sinn. Ech gesinn net an, firwat dass mer d'office a mat Stëmmrecht solle Gemeengevertrieder an engem Gremium hunn, dee fir de Stat baut. Net méi an net manner. Déi Bauten, déi kommen alleguer virun d'Chamber.

Mir sinn eis awer driwwer eens ginn, dass mer fir d'Informatioun an den Informatiounsfluss op engem méiglechst gudden Niveau ze halen, zwee Vertrieder vun deene betraffene Gemengen dran hunn. Et ass selbstverständlech, dass all déi Projekte bei d'Buergermeeschteren zrëckkommen, op hirem Dësch erëm landen, wou déi da mussen hiren Accord ginn, fir dass mer kënne bauen.

Et ass ee vun de wichtigste Projeten iwwerhaupt, deen an dëser Legislaturperiod gestëmmt gétt. Ech muss soen, ech deelen déi Analys, dass et ouni déi Viraar-

becht, déi déi viregt Regierung gemaach huet, net méiglech gewiescht wär zu dësem Schluss ze kommen. Et ass wouer, dass mer par rapport zu de fréiere Pläng, déi mer haten an zu deene Propositionen, déi am Masterplang ausgeschafft gi waren an déi vun AGIPLAN entworfen gi sinn, eng nei Situatioun hunn, an zwar mat engem ganz neien Aktivitéitszweig. Dat ass vläicht dat, wat mech bei dësem Projet am optimistescheste stëmmt, well mir schwätzen hei iwwer eng Kärentwécklung, déi eist Lëtzebuerger Land bis elo nach net hat, iwwert en Investissement an d'Intelligenz, iwwert en Investissement an d'Recherche an iwwer Aktivitéiten, déi am Ausland esou zur Kenntnis geholl ginn, dass keen Dag vergeet, ouni dass mir ugesprach gi vu Chercheuren, vun Interesséierten oder vun Universiteiten, déi gäre wéissten, wat mer hei maachen.

Et ass also eng Entwéicklungschance fir eist ganz Land. Et ass d'Entwéicklungschance fir eng nei Universitéit, an do-riwwer eraus geschitt dat an dem Süden, an deem Deel vun eise Land, deen eise Räichtum geschafen huet an, wéi den Här Schroell et hei op eng poetesch Manéier gesot huet, deen him an den Oueren hänke bliwwen ass mat de Sirenen, deen eis an Erënnerung bliwwen ass mat de gliddege Schlakentipper, wou, wann et Wanter war, de Schnéi rout gefierwt ginn ass vum Reflet. En Deel vum Land, dee ganz schéi Biller bei villen hannerléisst, deen awer och den Dreck, deen aus de Kamäiner an d'Luucht gaangen ass, bruecht huet an alles dat, wat un Ëmweltschmoltz iwwert d'Géigend erofgefall ass. Trotzdeem sinn d'Leit es net midd ginn, fir sech driwwer ze freeën, wann d'Kamäiner gedämpt hunn. Si ware frou, dass se Aarbecht haten. Déi Referenz vis-à-vis vum Süden, déi ass noutwendeg, déi ass en Deel vun eiser Geschicht.

Dofir sinn ech och ganz besonnesch frou, dass hei e ganz wichtegt Stéck Kulturgeschichte geschriwwen gétt. Mat der Erhaltung vun deenen zwee Héichiewen dokumentéiere mer, dass mer eng Industriegeschicht haten, dass d'Stolindustrie d'Basis vun eise Räichtum ass, an dass eis historesch Vergaangenheet doduerch geprägt ginn ass.

Et ass dofir eminent wichteg, dass mer bei der Planung vun der Erschléissung vun deene Gebaier a vun deenen Terrainen, déi fir dem Stat seng Projeten do gebraucht ginn, concertéiert Plangen hunn, dat heescht, zesumme mat anere Ministèren, besonnesch mam öffentlechen Transport a mat de Gemengen, och mam Aménagement du territoire. Leschten Enns ass dat hei jo en exemplareschen Ausdrock vum Wëlle vun der Regierung fir d'Dezentraliséierung eescht ze huelen. Hei gétt a Richtung Süden dezentraliséiert an ech begrëssen dat. Ech denken, et gétt och nach aner Dealer am Land, wouhi mir eis Dezentraliséierungspläng kënnte richten.

Dofir kommen ech och gläich zu Ufank zu enger Bemierkung, déi em déi aner Sitë gemaach gétt. D'Chamber mécht sech Gedanken, ob se net bei deenen anere



Frichen, déi do sinn, misst agebonne ginn, an da ginn d'Frichen aus dem Süden opgezielt. Ech sinn ausdrécklech Demandeur, Här President. Och den Zentrum huet Frichen. Eng ganz grouss Friche ass déi vun Dummeldeng. Iergendwann musse mer och kucken, wat mer op deem Site maachen. Et gëtt och zu Wolz an nach an anere Géigende vum Land Frichen, an et wier dofir natierlech mäi Wonsch, dass net nëmmen iwwer d'Frichë vum Süden, déi dokumentéiert sinn, wou mer elo d'Kadasterpläng hunn an d'Aarbechte vläicht méi wäit viru gedriwwen sinn, plangen, mä awer och iwwert déi aner Frichen am Land. Dat gëtt Sënn, an dat mécht besonnesch Sënn an dësem Abléck, wou mer eis d'Fro stellen, wouhi mer ginn an a wat fir eng Entwécklungszweiger mer eis investéieren.

Dat gesot, sinn eng Partie Parallele mam Kierchbiérg geholl ginn. Ech wëll déi negativ Appréciatioun vum Fong Kierchbiérg ausdrécklech widderleeën, well et ass zu Onrecht, wou se gemaach gëtt.

Eis Virgänger, déi hunn 1961 ënnert dem Statsminister Pierre Werner dëse Projet abruecht. 1961 hu se wäit geduecht. Si hu fir een Areal vun 300 ha, fir deemools eng Zomm, déi sech weise léisst, 400 Milliounen Lëtzebuurger Frang, votéiert an hunn esou d'Erschleissung vun deem Gebitt um Kierchbiérg méiglech gemaach.

An eppes gëtt jo ëmmer vergiess bei der Appréciatioun vun där Aarbecht, déi do gemaach gëtt, dass déi Aarbecht gemaach gëtt en pleine concertation mat der Stad Lëtzebuerg, well de Kierchbiérg ass net méi an net manner wéi e Quartier vun der Stad Lëtzebuerg, an all Gebai, wat um Kierchbiérg gebaut gëtt, entsprécht dem Bautereglement vun der Stad Lëtzebuerg, ass genehmegt an ass vun der Bautekommissioun vun der Stad Lëtzebuerg, denken ech, aviséiert, well anescht kënnt dat jo net méiglech sinn.

An deem Sënn sinn déi Aarbechten, déi gemaach gi sinn an de vergaangene Joren, duerchaus beispillhaft, an alleguer déi, déi dat kontestéieren, déi wäerte Lige gestrooft ginn, wann emol eng Kéier d'Kranen ofgeraumt sinn a wann et kee Chantier méi ass. Ech denken, de Kierchbiérg, dat gëtt e Virweisequartier. Dat gëtt iwwerens e Quartier vun deem fréier de President Jean Monnet gesot huet, an dat geet aus den Debatten ervir, méi speziell aus der Ried vum Här Victor Bodson, dass de Jean Monnet 1953 gesot hätt, en hätt ee groussen Regret an dat wier, dass en net de Courage gehat hätt, fir um Kierchbiérg déi nei Europastad ze bauen an ze finanzéieren. Ech mengen déi Referenz, déi solle mer och zur Kenntnis huelen, fir der Geschicht gerecht ze ginn.

Dem Här Urbany brauch ech nëmmen ze soen, dass säin Homonyme sech och deemools dergéint ausgeschwat hat, dass also op der lénker Säit de Wonsch fir d'Entwécklung virunzedriwen a fir no vir ze kucke sech do duerch dokumentéiert, dass déi Projekte vun hinnen net matgestëmmt ginn.

Ech wëll dann e puer Froen beäntweren, déi gestallt gi sinn. Do hätt ech natierlech bei der Mme Mutsch eng kleng Réckfro. Ech weess net wéi si zum Speck steet, well si huet vun enger ofgespeckter Rockhal geschwat. Ech géif soen, déi Rockhal, déi ech deemnächst wäert kennen dem Regierungsrot virleeën, dat ass eng Rockhal, déi Muskelen huet. Muskele sinn an deem prezise Punkt méi wäert wéi Speck. Mir bauen also net nëmmen eng grouss Hal, déi vill Leit kann erfassen, eng Hal, déi fir méi Leit wéi déi 4.000, déi se elo virgesäit, do ass.

Mir bauen e Komplex, dee fir déi 36.000 Proufstonnen, déi vun deene jonke Gruppe gebraucht ginn, eng Äntwert gëtt.

Mir baue fir déi 350 jonk Musiker, déi an deene Gruppe vun där Musik optrieden. Ech bedauern, dass ganz oft déi Lëtzebuurger Gruppen ze kuerz kommen, well bei deene groussen Evénementen, déi mer haten, hu se vläicht an och nach net ëmmer dierfen an der Paus spillen oder am Virprogramm, an da war dee grouss Publikum, op deem et jo ukënnt, fir zur Kenntnis geholl ze ginn, net present, well deem eréischt komm ass fir de groussen auslännesche Konzert, deem da vun Ausländer bestridde ginn ass.

Dat gesot, mengen ech, ass d'Formule vun der Rockhal, déi mer virleeën, eng gutt duerchduechten, déi deene Leit, déi an deem Secteur aktiv sinn, voll Satisfaktioun gëtt.

Et gëtt dann natierlech gefrot, wat et mat der Cité des sciences op sech hätt. D'Gesetz vun der Universitéit huet an deem Sënn nëmmen indirekt en Afloss op dat, wat hei an dem Bauprogramm virgesinn ass, well dat Gesetz iwwert d'Universitéit, wat mer virleeën, dat geet jo ëm d'Struktur an ëm den Enseignement u sech, wougéint et hei ëm de Bauprogramm vun der Cité des sciences op de Friche geet. Mir hunn déi Berechnungen alleguer gemaach.

Mir wëssen, datt mer fir den Enseignement an d'Recherche Laboratoire brauchen, datt mer Plenarsäll brauchen, datt mer eng Installatioun fir d'Biologie moléculaire do ariichten, datt mer d'Sciences des matériaux do usiddelen, datt mer d'Sciences de l'environnement wëllen do usiddelen, datt mer och de Centre virtuel des connaissances sur l'Europe, dee mer an deem nächste Gesetz an den Etablissement public iwwerhuelen, och do usiddelen. Start-up, dat ass eng nei Formule vun Entwécklungsméiglechkeet fir nei Betriber. Dat ass näischt Neits, well dat gëtt et lo schonn zënter fënnef Joer. De Centre de recherche Henri Tudor am Projet Schlassgaard huet gewisen, datt en, eben doduerch, well en elo schonn ze kleng ass, eng Äntwert ass op d'Froen vun deene Leit, déi wëllen nei Betriber entwéckelen, déi wëlle fuerschen an déi och nei Entwécklung fir d'Innovatioun vun deene bestehende Betriber maachen. Datt also domat ee Besoin erfëllt ginn ass, dee sech iwwert déi lescht fënnef Joer erausgestallt huet.

Selbstverständlich kommen op de Site och Wunnenge fir Studenten. Mir hunn awer do net gemengt, datt déi direkt sollen an den Environnement komme vun den Installatiounen, mä datt déi sech op dem Site anerwäerts erstrecke sollen an domat déi Complémentaritéit an déi Perméabilitéit, déi et um Site soll ginn, garantéieren, well mer jo keng Ghettoe baue wëllen. An dat ass eben déi Zesummenaarbecht tëscht dësem Etablissement public an der Agora, déi dat kläre muss an déi jo dofir eng gutt Viraarbecht huet, déi vum Ministère de l'Aménagement du territoire erstallt ginn ass an dofir och ënnert deem Titel leeft an déi Äntwerten op déi Froe gëtt.

Ech denke selbstverständlich, datt mer och am Hierscht, soubal d'Chamber hir Aarbechten nees ugefaangen huet, de Projet iwwert d'Erneuerung vun den Héichiewen dierfte stëmmen, well do d'Etüden amgaang sinn, a mir wäerten e Projet de loi virleeën, deen dann och d'Gréissenernung an den Investissement do festleet. Mir wëssen, datt et bei den Héichiewen e kritesche Moment ass, well se lo schonn zimlech laang net méi a Betrib sinn, a wa kee Feier méi an deenen Installatiounen ass, dann d'Verraschten zimlech séier virueet.

Dat alles gesot, Här President, et ass e Projet, dee begrenzt ass, deen net vum Minister vum Aménagement du territoire verdeedegt gëtt, well et e renger Bauprojekt ass, e Bauprojekt an enger grousser Envergure, déi - dat muss ech hei nach eng Kéier widderhuelen - vum Bauministère net bewältegt hätt kënne ginn. Do sinn ech frou, dass d'Chamber hei mat enger zimlech grousser Zoustëmmung eis d'Méiglechkeet gëtt, an engem Etablissement public all déi Bauprojekten do vill méi séier virunzedreiwe wéi mer dat als Verwaltung hätte kënne maachen. Ech denken, datt mer dofir de Wee an d'Zukunft resolut hei untrieden. Ech soen der Chamber merci fir déi grouss Zoustëmmung.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Den Här Urbany kritt nach d'Wuert. Dir kënnt vun Ärer Plaz aus schwätzen.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).-** Här President, et ass ëmmer eng schlecht Technik, wann ee Leit zitëiert, déi net do sinn, well dann ass de Risiko grouss, datt een déi Leit dann emol freet, wat se wierklech gesot hunn, an da riskéiert et engem zréck op de Kapp ze falen, Här Sunnen!

Ech hunn elo den Här Bisdorf ugeruff. Den Här Bisdorf huet esou eppes ni gesot. En huet näischt anescht gesot wéi dat, wat ech och hei gesot hunn.

**(Interruption)**

Da losst mech vläicht mol schwätzen!

En huet näischt anescht gesot wéi dat, wat ech och hei gesot hunn, dass déi zwou Gemenge missten zesummeschaffe fir gemeinsam all Projete matzedroen an och d'Käschte vun deene Projeten ze droen, an och déi

Steieren anzezéien, déi zu deene Projete gehéieren, onofhängeg dovunner, wou déi Industrieanlage stinn, déi Gewerbesteier ofwerfen, fir datt et net erëm esou geet - déi Eeler ënner lech erënnere sech wahrscheinlech drun -, wéi bei deem historesche Sträit tëschent de Gemenge Suessem an Esch, wou et drëm gaangen ass, wou eng Anlag vun der ARBED stung, a wien d'Gewerbesteier géif akasséieren. Fir dat ze verhënneren huet den Här Bisdorf gesot, sollen d'Gemenge sech zesummesetzen an eng gemeinsam Léisung fanne fir déi Industriezon, wéi et iwwregens och op aner Plaze gemeinsam Léisunge gëtt, wat Industriezonen ugeet.

Méi ass net gesot ginn. Ech soen lech awer merci, Här Sunnen, fir Är Ënnerbriechung vu virun.

**M. le Président.-** Den Här Sunnen invoquéiert och nach eng Kéier Fait personnel. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.-** Här President, ech wëll dat do net op mir sëtze loossen.

**(Interruption et coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.-** Lo schwätzt den Här Sunnen, an dann hale mer op domadder.

**M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.-** Et ass esou, datt den Här Bisdorf dat an enger Réunioun gesot huet um Belval selwer, déi stattfonnt huet, wéi mer an der fréierer Gebléishal zesumme waren, wou och nach do Theater opgefouert ginn ass. Do huet e wuertwärtlech gesot.

**(Interruption)**

Bal wéi haut, jo!

Do huet e gesot, dass d'Gemeng Suessem erëm déi Steiere misst ewechgeholl kréien, do wier keng Aktivitéit méi. Ech stinn zu deem, och, wann den Här Bisdorf lo eppes anescht seet an den Här Urbany dat hei widderhëlt.

**(Interruption)**

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4899 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Beim Artikel 4 hu mer en Amendement virleie vun deene GRÉNGEN, e läit schrëftlech vir, en ass ausgedeele an explizéiert ginn. Mir kënnen direkt iwwert deen Amendement ofstëmmen. E Vote électronique ass verlaangt.

**Amendement 1 (article 4)**

**Vote**

Déi fir deen Amendement sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, mat Nee.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen, 23 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun. Domat wier den Artikel ugeholl an där Fassung wéi en hei virgedroen ass ginn

*Ont voté oui:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas ), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

M. Jacques-Yves Henckes.

*S'est abstenu:* M. Fernand Greisen.

Mir fueren da weider.

D'Artikelen 5 bis 6 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 7 ass gelies. Hei hu mer och en Amendement vun deene GRÉNGE virleien. Mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

## **Amendement 2 (article 7)**

### **Vote**

Déi fir deen Amendement sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, mat Neen.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen, 22 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun. Domat wier den Artikel 7 och ugeholl an där Fassung wéi en hei virgedroen ass ginn.

*Ont voté oui:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia

Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanuss.;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch.;

M. Serge Urbany.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas ), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

M. Jacques-Yves Henckes.

*S'est abstenu:* M. Fernand Greisen.

Mir fueren da weider.

D'Artikelen 8 bis 12 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4899.

## **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen a sechs Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Fred Sunnen), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM.

*Ben Fayot (par Mme Lydie Err), Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Mir hunn hei nach véier Motiounen. D'Motioun 1 ass vun de Majoritéitspartei virgeluegt ginn. Den Här Sonnen huet se virgedroen an Dir hutt se schréfflech virleien.

### **Motion 1**

#### **Vote**

Mir stëmmen of par main levée iwwert d'Motioun 1. Déi dofir sinn, hiewen d'Hand an d'Luucht.

Avis contraire?

Abstention?

Ech stelle fest, dass déi Motioun bei enger Abstention ugeholl ass.

### **Motion 2**

D'Motioun 2 ass vum Här Robert Garcia. De Vote électronique ass verlaangt. Dir hutt d'Motioun och virunlech leien.

#### **Vote**

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

### **(Interruption)**

De Vote ass awer amgaang.

### **(Interruptions)**

D'Motioun ass mat 33 Nee-Stëmmen, 22 Jo-Stëmmen an 1 Abstention verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry) et Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké).*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

*M. Serge Urbany.*

*Mme Marie-Josée Meyers-Frank.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenu: M. Fernand Greisen.*

### **Motion 3**

**M. le Président.-** Mir kommen zur Motioun 3.

#### **Vote**

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 40 Nee-Stëmmen, 19 Jo-Stëmmen an 1 Abstention verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Aly Bodry) et Marc Zanussi.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*



MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

*S'est abstenu: M. Fernand Greisen.*

#### Motion 4

**M. le Président.-** Mir kéimen zur Motioun 4. Den Här Halsdorf hätt gär d'Wuert.

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Ech wollt zur Motioun 4 soen, dass dat, wat do dra steet „am Fong geholl eng Evidenz ass. Wéi et och hei steet: "...à faire élaborer un concept d'utilisation et de mise en œuvre de la friche "A la Haute Saule" en concertation avec la commune et l'Agora." Dat ass amgaangen. Mir hunn do déi néideg Gesprécher gemaach mat der Agora an och soss mat deenen anere kompetente Leit. Mir ënnerstëtzen natierlech déi Motioun grad esou wéi eise Spriecher, den Här Strotz, dat och scho gemaach huet. Wa mer e Vote maachen, kënne mer e gare maachen, mä, wéi gesot, et ass praktesch superfétatoire fir dat heiten ze stëmmen, well et eng Evidenz ass, mä mir kënnen et awer stëmmen. Ech hu kee Problem domat.

#### (Interruptions diverses)

**M. le Président.-** Mir stëmmen of par main levée. Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Ech gesinn, datt mat Ausnahm vun zwou Stëmme jiddfeeren derfir ass. Den Här Sunnen freet nach d'Wuert.

#### (Interruptions diverses)

**M. Fred Sunnen (CSV).**- Här President, ech wollt soen, firwat mer dergéint gestëmmt hunn.

#### (Interruptions)

**M. le Président.-** Schwätzt dach net ëmmer esou do-tëschent! Loosst den Här Sunnen soen, ob en derfir oder dergéint ass. Et ass net un lech fir dat ze soen!

**Une voix.-** Et gött keng Justificatioun bei Neen, et gött eng bei Abstentioun, mä net bei Neen. Dat gött et awer net.

#### (Interruptions)

**M. le Président.-** Wa mer dat esou strikt aféieren, da féiere mer et fir jiddereen an. Bis elo hu mer et ëmmer toleréiert, dass een net ëmmer stuer um Paragraph bliwwen ass.

**Une voix.-** Dat ass awer ganz nei!

**Une autre voix.-** Ech hunn ëmmer Nee gesot kritt, wann ech gefrot hunn.

**Une troisième voix.-** Schued, dass den Här Fayot lo net hei ass.

#### (Interruptions et hilarité)

#### Vote

**M. le Président.-** Mir maachen dann e Vote électronique. Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Motioun ass mat 54 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugehall.

Wat hätt Der da gären: Et ass d'selwecht.

**Une voix.-** Nëmmen, dass e ganze Koup Leit net matofgestëmmt hunn.

**M. le Président.-** Hei ka jo jidderee stëmmen, wéi e wëll. Et ass jo net un lech fir dat ze interpretéieren, firwat deen een esou an deen aneren esou ofstëmmt. Dat ass jiddferengem seng Affär.

Den Här Rippinger freet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Ech wollt soen, dass ech d'Impressioun hat, dass Der gefrot hutt, déi Motioun à main levée ofzestëmmen an dass mer se effektiv ofgestëmmt haten. Eise Grupp in globo huet se positiv ofgestëmmt.

**Une voix.-** Ech wollt soen, eise Grupp huet se och in globo gestëmmt.

#### (Hilarité)

**M. le Président.-** Da musse mer d'Resultat nach eng Kéier korrigéieren. Da wier se eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Paul-Henri Meyers et Fred Sunnen.*

*S'est abstenu: M. Emile Calmes.*

### **Motion 5**

**M. le Président.** - Da komme mer elo zur Motioun 5. De Vote électronique ass verlaangt.

### **Vote**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint sinn, mat Neen.

D'Motioun ass verworf mat 33 Neen-, 24 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Nico Loes), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenu: M. Fernand Greisen.*

Den Här Jaerling mécht nach gär den Dépôt vun zwou Motiounen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

### **3. Dépôt de deux motions**

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, erlaabt mer an dëser kuerzer Paus zwou Motiounen ze deponéieren, déi vun de Kollegen Deputéierten aus dem Süden, dat heescht vun der LSAP, vun deene Gréngen a vun déi Lénk mat ënnerschrifwe sinn.

Déi éischt ass eng Motioun, déi den Urspronk am Escher Gemengerot fonnt huet an do vu sämtleche Parteien eestëmmeg ugeholl ginn ass, wou ech awer elo mat Bedauern hei muss feststellen, dass vun Esch bis an d'Stad e Meenungsëmschwong bei der DP komm ass an dass den DP-Deputéierten, deen am Escher Gemengerot ass, seng Ministesch huet misse froen an du verbuede kritt huet, dës Motioun ze ënnerschréiwen. Dat bedauern ech.

### **(Interruption)**

**M. le Président.** - Här Jaerling, esou kënnt Der d'Deputéierten hei net attackéieren. Dir wennt lech un d'Chamber oder un de President an ech géing lech bieten, déi perséinlech Attacken ze ënnerloossen. Dat ass iwwerhaapt net zoulässeg. Wa mer dat hei aféieren an dat toleréieren, wou komme mer dann hin?

### **(Interruption)**

Da liest d'Reglement. Do steet ganz genau wéi et geet. Et soll ee keng perséinlech Attacke géint Kollegee féieren, mä et soll ee sech un d'Chamber wenden oder un de President.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Ëmschreift dat e bësse besser, Här President.

**M. le Président.** - Här Jaerling, schwätzt elo zum Thema!

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, ech weess net ob Dir wësst wou ech hierkommen, mä ech sinn nach ni iwwer dräi Ecke gefuer. Ech ka mech awer elo entschëllegen, wann ech déi Persoun soll perséinlech getraff hunn. Mä ech hunn einfach hei nëmmen e Fait erëmginn an et war net a menger Absicht, iergendeen hei blousszestellen.

Et ass jo net fir d'éischt, wou dat hei an der Chamber geschitt. Ech mengen, bei anere Geleeënheeten hunn aner Deputéierten och um Wee an d'Stad hir Meenung geännert, wa se an hirem Gemengerot eppes gestëmmt haten.

Ech kommen elo op déi Motiounen zréck.

Déi eng Motioun behandelt e Problem, deen a ville Gemenge besteet. Dat ass de Problem mam Minerval. Dat heescht, dass, wa Leit hir Kanner vun enger Gemeng an déi aner an d'Schoul schécken, do a verschiddene Gemengen e Minerval gefrot gëtt, dee relativ héich ass mat 60.000 Frang. Et gëtt souguer Gemengen, déi vill méi froen.

Dës Motioun fuerdert d'Regierung op, eng Regelung ze fannen tëschent deene betreffende Gemengen.

**M. le Président.** - Déi Motiounen hunn näischt mat eisem Thema ze dinn. Déposéiert déi Motiounen, an da gi se un déi zoustänneg Kommissioun an déi gëtt hiren Avis of.

### **(Interruptions diverses)**